

Tweete mam
HÄRGOTT



www.tweetingwithgod.com/howto

Tweete mam **HÄRGOTT** HANDBUCH

De Glawen
zesummen erfuerschen

**Michel Remery
Ilse Spruit**

De Père Michel Remery (1973) ass e kathoulesche Geeschtlechen an den Auteur vum international populäre Buch Tweete mam HÄRGOTT. Hien huet laang Joren an enger Rei vu Poren an Holland geschafft, mam Schwäierpunkt Jugendpastoral an Asaz fir jonk Erwuessener. Ier hie Geeschtleche gouf, huet hie fir d' hollännesch kinneklech Air Force an an enger Ingénieursfirma an de baltesche Länner geschafft. Hien huet Theologie zu Roum studéiert a war Generalvizesekretär vun der Europäescher Bëschofskonferenz (CCEE). 2018 huet hie säi Priestertum zu Lëtzebuerg weidergefuert, wou hie Jugendnational-aumônier ass a sech op internationalem Plang am Jugendberaich engagéiert.

D'Ilse Spruit (1993) ass Jugendleederin a verschiddene Porgruppen: Si huet e Master a « Chrëschtentum a Gesellschaft » vun der Tilburg Universiteit. Den Ablack dirigéiert si d' « Video Team #TwGOD » an ass responsabel fir d'Videoausgab vun Tweete mam HÄRGOTT.



Lued d'App TwGOD erof!
Fannt nach méi Informatiounen iwwer
all Säit aus dësem Buch mat Hëllef vun
der gratis App #TwGOD:



- Lued d'App #TwGOD erof:
www.tweetingwithgod.com.
- Gebraucht d'App fir egal wat fir eng
Illustratioun ze numeriséieren mat dem Logo vun der
Numerisatioun.
- Kuckt Iech d'Videoen un, gitt de Linken no a liest
direkt op Ärem Smartphone nach méi doriwwer.

SCAN



En Appel fir Spenden ze kréien

Dëst E-Book steet unentgeltlich zur Dispositioun, well mir der Meenung sinn, datt et wichtig ass fir de Leit ze hëllefen fir iwwert de Glawen nozedenken. Wann dir kënnt a wëllt eise Projet ënnerstëtzen, wäert mir ganz dankbar fir en finanziell Contributioun ze kréien, déi dir op de Bankkonto vun der Stëftung, déi Tweeting mat Gott ënnerstëtzt:

CCP Bank Luxembourg
Account holder: Fondation Sainte-Irmine
Purpose of payment: "Tweeting with GOD"
IBAN: LU64 1111 7017 0305 0000
BIC/SWIFT: CCPLULL

Les dons à la Fondation Sainte-Irmine sont déductibles des impôts dans toute l'Union européenne. Si vous nous transmettez votre adresse, vous recevrez une confirmation de votre don ainsi que les formulaires de déduction fiscale spécifiques à votre pays.

Mir appreciëieren all Ënnerstëtzung a soen am viros Merci fir är Generositët.

D'Team #TwGOD

D'Auteuren soe Merci dem Gino Anker, Anne Bakermans, Margreet Beenakker, Rowy van Dijk, Sasheeka Fernando, Fr. Henri ten Have, Mark Heins, Gerard van der Klein, Fr. Stephan Kuik, Daria Maroń-Ptak, Thom Oosterveer, Edith Peters, Annemarie Scheerboom, Barbara Schoo, Eline Severijnen, Pernelle Severijnen, Lidwine Tax, Lodewijk Tax, Petra Tax-Lexmond, Ashley Tax-Nijhof, Fr. Grzegorz Zakrzewski, and Marian van Zutven-Van Kampen. E grouss Merci un de Fr. Johannes van Voorst tot Voorst an Holland an Raluca Cocuț a Rumänien an och un déi Jugendlech mat deenen si dëst Handbuch getest hunn.

Koordinatioun vum Deel D: Eline Severijnen. Photo editoren: Edith Peters, Barbara Schoo an Eline Severijnen.

Foto Quellen: Shutterstock.com, behalve Mazur/www.catholicnews.org.uk (Säite 37); T. Oosterveer (Säite 19, 35, 49, 51, 57 en 59); H. Ouwehand (Säite 7, 15, 27, 39, 55, en 65); 123rf.com (Säite 13, 21, 29, en 31); C. Papandreopoulos (Säite 17), I. Spruit (Säite 53).

Iwwersetzung: Marianne Krompholtz, Josée Heinz, Liliane Bourens, Gaby Heger a Françoise Kerger-Faber.
Korrektur a Redaktioun: Marianne Krompholtz a Gaby Heger.

Tweete mam HÄRGOTT Handbuch: De kathoulesche Glawen zesummen erfuerschen
Drock JP2, Leiden/ Lëtzebuerg
© Michel Remery 2016 & © JP2 Stichting | www.jp2.nl | www.tweetingwithgod.com/howto

All Rechter virbehalen.

Inhaltsverzeechnis

Deel A: Froen zu #TwGOD

- A.1 Wéi goufen déi Ufanks Sätzungen vun #TwGOD organiséiert?
- A.2 Firwat si Froen d'Häerzstéck vu jiddfer #TwGOD Aktivitéit?
- A.3 Wat ass dat Wesentlecht vun den Äntwerten #TwGOD?
- A.4 Fillt sech jidderee vun de Froe betraff?
- A.5 Kann ech #TwGOD souwuel aleng wéi an enger Grupp benotzen?
- A.6 Sollt ech Angscht viru schwéiere Froen hunn?

Deel B: Benotzen vun #TwGOD an ärer Grupp

- B.1 Wéi fänken ech u mat #TwGOD ze schaffen?
- B.2 Wéi geséit eng typesch Sëtzung aus?
- B.3 Wéi eng Froen solle mir beschwätzen?
- B.4 Wou an a wéi engem Ëmfeld kënnen mir #TwGOD Sätzungen ofhalen?
- B.5 Gëtt et e praktische Rotschlo fir the Gruppelieder?
- B.6 Wéi kann #TwGOD dat deeglecht Liewen vun de Participanten beaflossen?

Deel C: Villfach Uwendungen vun #TwGOD

- C.1 Wat sinn déi fënnef #TwGOD Instrumenter?
- C.2 Wéi kann ech #TwGOD an enger Firmungsklass uwenden?
- C.3 Kann #TwGOD eis Virbereedung op eis Hochzäit oder RCIA Klassen ersetzen?
- C.4 Wéi kann #TwGOD Elteren an Däpäteren-a Giedelen hëllefen?
- C.5 Wéi eng Roll kann #TwGOD an der Ökumen an am interreligiösen Dialog spillen?
- C.6 Wéi dréit #TwGOD zu der Neievangeliséierung bäi?

Deel D: Pilgerreesen: Virbereedung an Nobereedung

- D.1 Wéi kann #TwGOD hëllefen fir Pilgerreesen a Jugendpastoral mateneen ze verbannen?
- D.2 Kënnen #TwGOD Prinzipien och op d'Weltjugenddeeg applizéiert ginn?
- D.3 Wéi kann eng Pilgerrees mat #TwGOD virbereet ginn?
- D.4 Wat soll no der Pilgerrees gemaach ginn?
- D.5 Wéi kann e Suivi-Programm mam #TwGOD opgestallt ginn?
- D.6 Wéi kann d'Thema vun de Weltjugenddeeg an engem Suivi-Programm integréiert ginn?

Anhäng

- Anhang 1: Eng Saison mat #TwGOD
- Anhang 2: D'Participanten encouragéieren fir Froen ze stellen
- Anhang 3: Interaktiv Methoden fir äre Grupp
- Anhang 4: D'Sakrament vun der Versöhnung an engem Grupp
- Anhang 5: Gebieder fir den Ufank an de Schluss vun der Sëtzung
- Anhang 6: E Firmungscours an Tweet
- Anhang 7: Suivi no de Weltjugenddeeg

Deel A

Froen zu #TwGOD

Aféierung



Du bass vläicht de Leeder vun engem Grupp oder en Enseignant an du hues nach a ganze Koup Froen zum kathoulesche Glawen. Du hues vläicht d'Gefill, dass du nachvill muss léieren an denger Bezéiung zum Jesus an nach vill Fortschrëtter a senger Nofolleg muss maachen.

Mee, du wëlls dāi Glawe mat aneren deelen an op dem Jesus sāi Ruff « gitt an d'ganz Welt a verkënneg d'Evangelium » äntweren (Mk. 16, 15). Mat aneren, déi dat selwecht wënschen, wëlls du Gott méi no kommen. «

Egal, wou s du hier kënns oder wat s du geléiert hues, kann deng éischt Fro, wann s du iwwer de Glawe schwätze wëlls, sinn: « Wéi kann ech...? » (1 Chr. 13, 12). Esou ewéi de Moses, ech hunn Angscht (kuck Tweet 1.24); ewéi d'Maria, ech verstinn net (KUCK TWEET 4.5). Ech fäerten d'Froe vun deene Leit, déi ronderëm mech sinn oder vun deene Jonken aus mengem Grupp an ech fäerten, dass ech hinnen net richteg äntwere kann. Dat ass eng ganz mënschlech Reaktioun. Mee, wann ech vu menger Erfahrung mat Glawen ze deelen ausginn, kann ech dir versécheren, dass Gott fir alles suert, wat s du brauchst.

Dëst Gefill vu Sécherheet ass gutt begrënnt. Als alleréischt hu mir dem Jesus sāi Versprechen: « Macht iech keng Suergen doriwwer, wéi dir iech verteidege sollt oder, wat dir soe sollt; well den Hellege Geesch kuckt iech zu all Stonn, wat dir ze soen hutt » (Lk. 12, 11-12). An zu gläicher Zäit si mir ëmmer beruff mam Härgott senger Gnod zesummenzeschaffen (KUCK TWEET 4.12). A wat äis selwer ugeet, kënne mir äis selwer virbereeden, méi iwwer de Glawen ze léieren. Tweeting mat Gott kann äis dobäi he'llefen, dat ze maachen.

Esou ewéi dāi Wëssen am Glawe wiisst, esou wäerts du ëmmer méi a méi entdecken, wéi alles mat där Léift verbonnen ass, déi den Härgott fir äis huet. Hal grad mol e Moment op mat Liesen a kuck op de Jesus um Kräiz. Wat s du do gesäis mécht kee Sënn, ausser du fänks un ze erkennen, dass dat mam Härgott sengem Plang, äis ze retten, verbonnen ass (KUCK TWEET 1.27 AN 2.11). Dat ass et wat ech mengen, wann ech soen, dass mir versichen d'Logik vum Glawen ze beweisen. Et ass logesch, well et grënnt op der Léift vum Härgott fir äis. A weider gëtt et vill konkret an iwwerzeegend Argumenter fir d'Léiere vun der Kierch, ob se déi Kathoulesch Doktrinn, d'chrëschtlech Ethik oder d'spirituell Liewe betreffen.

Mir behaupten net, all Weisheet ze hunn. Dëst Bichelche beschreift eis Method fir Glawen ze deelen, eng Manéier, déi bei äis gutt fonctionnéiert an et schéngt och esou ze sinn bei deene ville Leit an der Welt, déi *Tweete mam HÄRGOTT* benotzen. Kuck dir just mol un, wéi mir mam Projet ugefaangen hunn (KUCK A.1): du kanns et d'selwecht maachen!

An du kanns et besser maachen, well hoffentlech kanns du aus eise Feeler léieren!

Père Michel Remery



A.1 Wéi hutt dir d'Versammlungen #TwGOD am Ufank organiséiert?

Den Ursprung vun #TwGOD sinn d'Froen, déi di Jonk dem Père Michel Remery a senger Par an Holland gestallt hunn, wann hien d'Leit no der Sonndesmass empfaangen huet. Et waren op eemol esouvill Froen, dass hien net méi adequat konnt antweren. De Père Michel huet si du gebieden hier Froen ze schécken, wat si dann och gemaach hunn: eng 1000 Froen hunn si iwwer Twitter, e-mail, Facebook a Pabeierziedelcher gestallt. Dës Messagen hunn zum Titel « *Tweete mam HÄRGOTT* » gefouert, an d'Froen mat hire respektiven Äntwerte sinn Tweets genannt ginn. Du sinn d'Froen no Themen zesummegeallt, Widderhuelungen ewechgelooss ginn a mir hunn ugefaangen owes regelméisseg Versammlungen zu de Froen an engem Grupp vu Jonken ze halen. Am Ufank si mir äis eens ginn iwwer e puer allgemeng Reegen, fir dass eis Diskussiounen respektvoll a fruchtbar sollte sinn (KUCK [A.2](#)). Dës Versammlungen, déi idem hellege Poopst Jean-Paul II (KUCK [TWEET 2.50](#)) gewidmet waren, goufen e puer Joer weidergefouert.

Oflaf

Den Oflaf vun den Diskussiounen war ëmmer dee selwechten. Mir hu mat engem Gebiet ënner de Leedung vun engem Jonken ugefaangen. Dann hu mir eng Fro geholl a ugefaangen driwwer ze diskutieren. Mir hunn oft e ganzen Owend gebraucht fir 1-2 Froen ze behandelen, well mir si verschiddeleche belicht hunn. Oft hu mir eng grouss Fro an e puer méi kleng Froen opgedeelt fir kënnen an d'Déift ze goen (KUCK [B.2](#) A [B.5](#)). Am kurze Resumé um Enn vun der Versammlung hu mir op Iwwerleeungen higewisen, déi d'Léier vun der Kierch ënnerstëtzen, déi op der Bibel, dem *Katchëssesem vun der Kathoulescher Kierch* an anere Quelle grënnen. Dës Zesummeleeë sollten d'Basis vum Buch *Tweete mam HÄRGOTT* (KUCK [C.1](#)) ginn. D'Versammlung sinn ëmmer an der Kapell mam Nuetsgebiet vun der Kierch, der Komplet, ofgeschloss ginn (KUCK [TWEET 3.13](#)).

Wat huet dat bewierkt?

An eise Versammlung konnte mir gesinn, wat dat bruecht huet. Déi Jonk hunn de Père Michel no der Mass ugehalen: « Père, gëschter, am

« Elo weess ech, wou ech mat mengem Glawen dru sinn »

Rowy: Mat 17 Joer hunn ech ugefaange mir Froen iwwer de Glawen am Allgemengen ze stellen. An de Versammlung vum #TwGOD konnte mir alles froen an et war Plaz fir Diskussioun. Et huet een net nëmme missen nolauscheren an alles unhuelen, wat gesot gouf: wat mir vill gehollef huet war, dass mir duerch Diskussiounen a Froen konnten erausfannen, wat d'Kierch gleeft. Ech konnt all Froen stellen, egal wéi kritesch se waren. Als Grupp hu mir probéiert Äntwerten ze fannen. Et war an et ass nach ëmmer wichteg fir mech dës Froen ze stellen. #TwGOD huet mir gehollef besser ze verstoen u wat ech wierklech gleewen. Dank #TwGOD konnt ech mäi Glawen un Jesus, u Gott an un d'Kierch bestärken an elo weess ech besser, wou ech am Glawen, deen ech all Dag probéieren ze liewen, dru sinn.



Bistro, hu mir weider diskutéiert, mee ech konnt hei mengem Frënd, deen net Katholik ass, net alles erklären. Mir brauchen Är Hëllef. » Oder si hunn de Père an hire Frëndeskrees an de Bistro agelueden, fir mat him iwwer Froen ze diskutieren, déi si interessieren. Et war e ganz beweegende Moment, wéi een aus dem Grupp, dee fir jiddereen op ass, wollt gedeeft ginn (KUCK [TWEET 3.36](#)). Op d'mannst huet ee vun hinnen seng Berufung zum reliéise Liewe fonnt (KUCK [TWEET 4.4](#)). Hei an s do hate mir ganz perséinlech Diskussiounen iwwer sexuell Froen oder schwéier Entscheedungen am Liewen. Schrëtt fir Schrëtt hunn déi Jonk entdeckt, wéi d'Léier vun der Kierch hinnen och an deene Froen konnt hëllefen (KUCK [TWEET 4.19-4.25](#)).

Iwwerlee, biet, handel

Dee selwechten Effet vu Stärkung kann een haut bei de Memberen aus der #TwGOD Team beobachten. Mir schaffen haart zesummen, schwätze regelméisseg iwwer d'Ziler vun eise Projéit a mir huelen äis och Zäit fir d'Gebiet an d'Hëllef um Nächsten, besonnesch deenen, déi um Rand vun der Gesellschaft sinn.

Esou erënnere mir äis drun, dass et net duer geet, Gott ze kennen: eise Glawe muss sech ëmmer an eise Alldag an eiser perséinlecher Bezéiung zum Jesus weisen.



Alles huet mat de Froen vun deene Jonken un hier Geeschlech am Agank vun der Kierch ugefaangen. Déi Froen bilden d'Basis vum gesamte Projéit #TwGOD.



A.2 Firwat sti bei all Aktivitéit vun #TwGOD d'Froen am Mëttelpunkt?

Froee komme vu Leit, déi an enger ëmmer méi sekulariséierter Gesellschaft liewen a sinn d'Basis vum Tweete mam HÄRGOTT. Déi Froee sinn den Ausdrock, et kënn ee soen, vun enger Iwwerleeung, déi kéngt. Obscho mir an eiser moderner Welt vill Meenungen héieren, gëtt et wéineg Leit, déi aus sech selwer iwwerleeën. Bei #TwGOD ass et äis ganz wichteg, selwer nozedenken, fir de Glawen ze verstoen an an eist Liewen ze integréieren. Mir encouragéieren all Froee-Stellung, och wann se am Ufank aggressiv oder respektlos schéngt.

Eist Gespréich huet oft ugefaange mat Meenungen a kritesche Froen, déi déi Jonk anerwäerts héieren hatten. Mee, bei der Diskussioun ronderëm méiglech Äntwerten, koumen déi Froen duerno aus hiren eegenen Iwwerleeungen. Gewéinlech ass deen aggressiven a frechen Toun vum Ufank verschwonne an huet engem echten Interessi fir eng Verdéiwung vum Sujet Plaz gemaach. Onsécherheet an Angscht, net eescht geholl ze ginn, waren den Hannergrond vun där Feindséilegkeet vum Ufank. Dës Erfarungen hunn zu de Reegele vun #TwGOD gefouert (KUCK DAT ENCADRÉIERT: 1 A 5).

#Fro, iwwerlee a léier

Et gehéiert zur Héiflechkeet, dass e Jonke fir d'éischt enger eelerer Persoun nolauschert, ier hie sech selwer zu Wuert mell. Ouni doriwwer ze uerteelen, mierke mir, dass dat haut oft net méi esou ass. D'Leit fänken an hire Gespréicher oft net mat Nolauschteren, mee mat hirer eegener Meinung un. Awer en oppenen Dialog ass nëmme méiglech an enger Atmosphär, wou d'Leit bereet sinn, sech géigesäiteg nolauschteren, Nëmme esou kann een éierlech deelen an och ee vum anere léieren. Vum anere léieren heescht net meng Meinung géint dem aneren seng tauschen, mee iwwer Meenungen eraus zur Wourecht vun deene Saachen ze dréngen, déi mir duerch suergfältig Nolauschteren, Sondéieren an Nodenken iwwer d'Grënn vun de Leit hiren Aussoen, entdecken (KUCK DAT ENCADRÉIERT: 2).

An d'Kierch?

Dir hutt gemierkt, dass mir bis elo nach net iwwer d'Léier vun der Kierch geschwat hunn.

D' « Reegele » vun #TwGOD

1. All Fro iwwer Glawen a Liewen unhuelen, egal wéi eng Astellung se duerstelt oder wat fir eng Äntwert se mat sech zitt.
2. Deenen aneren am Grupp respektvoll nolauschteren a probéieren d'Iwwerleeungen hannert hiren Aussoen ze verstoen.
3. D'Iwwerleeunge vun der Léier vun der Kierch fir sech selwer schwätze loosser.
4. Net zevill versichen, ze iwwerzeegen: einfachen Zeie vum eegene Glawe sinn. Denkt drun, dass Gott eleng Häerzer bekéiere kann.
5. Diskreet sinn: net iwwer Aussoe vun aneren ausserhalb vum Grupp ze braddelen. (Enn vum Encadréierten).



Mir wollten do ufänken, wou d'Leit stinn, matten am Liewen a mat senger Suergen. All Pädagog weess, dass een als éischt dem Schüler seng Opmierksamkeet muss erreechen, ier hie säi Message ka ginn. Och wa mir et net gären zouginn, si mir dach éischter un Themen interesséiert, déi eis selwer an eist eegent Liewen eppes ugin.

D'Ursach, firwat mir elo eréischt vun der Léier vun der Kierch schwätzen, ass, well mir fest iwwerzeegt sinn, dass se wouer a vernëftig ass. Et ass méiglech vill Argumenter a Grënn unzeginn, fir ze gleewen. D'Logik ass e wichtegt Instrument vun #TwGOD (KUCK DAT ENCADRÉIERT: 3). Mee, dat ass net alles: d'Fundamenter vun der Léier vun der Kierch sinn net an der weltlecher Logik ze fannen, mee an der Léift vu Gott fir d'Mënschheet. Schlussendlech ass et nëmme am Liicht vun der Léift vu Gott fir d'Welt a fir äis, wou mir Äntwerten op äis Froen zum Glawe formuléiere kënnen.

Net ënner menger Verantwortung

Dat bréngt äis zu enger weiderer Iwwerleeung, déi mir hunn: ech sinn net verantwortlech fir d'Bekéierung vun de Leit. Ech kann a muss matschaffen, erklären, verkënnegen a bezeien, mee letztendlech sinn ech net deen, deen d'Häerzer bekéiert: dat ass d'Wierke vu Gott (KUCK DAT ENCADRÉIERT: 4 AN TWEET [4.50](#)).



D'Froee sinn net nëmme eng Manéier fir kritesch ze sinn: si sinn den Ausdrock vun eisem Sichen no Wourecht. Si verdéngen et eescht geholl ze ginn.



A.3 Wat ass d'Haaptsaach bei den Äntwerte vun #TwGOD?

Froen brauchen Äntwerten. Mee wien huet d'Recht, Äntwerten ze ginn an enger Gesellschaft, wou all Meenung als gültig ugesi gëtt? (KUCK [A.2](#)). Wéi kann dir behapten, dass et nëmme eng Wourecht gëtt, wann et esou vill Iwwerzeegunge gëtt? (KUCK TWEET [1.8](#)). Mir sinn iwwerzeegt, dass d'Äntwert op déi Froen nëmme fonnt ka ginn an der Persoun vum Jesus, déi all Persoun op der Äerd zu enger Bezéiung vu Léift mat him aluet.

Wiem seng Autoritéit?

D'Welt vun haut schéngt oft eng Ofneigung zu all Autoritéit iwwer eise Geescht ze hunn: Ech bilde mir eng Meenung, an dir kënnst är halen. » An deem Sënn vermeide mir, bei *Tweete mam HÄRGOTT*, esou esou vill ewéi méiglech, Sätz ewéi « dir musst » oder « dir misst ». Déi Ofneigung ass net nei: » Mat wat fir enger Autoritéit méchs du dat? » (Mk. 11, 28) froen d'Leit de Jesus. De Jesus fänkt net un ze uerteelen oder ze verdamen: hie fänkt domat un, déi Krank ze heelen, physisch oder geeschteg krank (KUCK DAT ENCADRÉIERT). Hie sëtzt esouguer um Dësch mat gutt bekannte Sënnern (Lk. 5, 29). De Jesus geet dohin, wou d'Leit sinn. Hie besicht si a schwätzt mat hinnen iwwer hier Suergen. Seng Aart a Weis fir d'Leit ze iwwerzeegen ass seng Léift fir si. Dat ass seng Motivatioun an och dat, wat d'Leit bei hien unzitt. Duerno, wann eng Bezéiung entstanden ass, geet de Jesus méi wäit an erklärt, wat gefrot ass, fir säi Liewe voll ze liewen.

Déi Aarm vun haut

De Père Michel: Obschonn et nach vill finanziell Aarmut gëtt, gëtt et eng Aarmut, déi der Dignitéit vum Mënsch op manns grad sou vill schued. Ech hu bei Liturgien a klengen Dierfer ganz beräicherend Erfarungen a Brasilien, am Surinam an an Tansania gemaach, wou mir ganz freedeg Stonnen ënnert Leit verbruecht hunn, déi manner ewéi näischt haten. Wat en Ënnerschied tëscht hirer kollektiver Freed bei der Massfeier an déi bal makaber Atmosphär a sougenannten entwéckelte Regiounen, wou ech enger reeller spiritueller Aarmut begéint sinn. An eiser sekulariséierter Welt, wou den eenzele Mënsch am Mëttelpunkt steet, geet déi kollektiv Erfahrung vun enger freedeger Feier verluer. D'Feiere gëtt dann e Sichen no perséinlecher Satisfaktioun. De Problem ass awer, dass dës Satisfaktioun ni an eis eleng fonnt ka ginn.

Déi chrëschtlech Botschaft ass vu sech aus gemeinschaftlech a si kann déi däischter Atmosphär ni an eng echt Freed ëmwandelen – net nëmme weinst deem, wat jidderee kritt, mee weinst deem, wat jiddereen deele kann: Léift. Déi, déi dës Freed net kennen, mussen zu deenen Ärmsten ënnert deenen Aarme gezielt ginn. Dohier déi grouss Noutwendegkeet vun Evangeliséierung (KUCK [C.6](#); TWEET [4.50](#)).



Gott wëllt seng Léift mat äis deelen

Dorop baséiert *Tweeting mat Gott*. Mir wëllen do usetzen, wou d'Leit stinn, mat hire Froen, hire Leiden, sief et spirituell oder physisch. Duerch d'Bezieung vun eisem eegene Glawen un de Jesus, ouni en aneren opzedrängen, maache mir vir wéi ee mam Jesus kann um Wee sinn. Mir lueden déi aner an, Jesus besser kennenzelieren an deem s si d'Logik vu senger Léier erkennen am Liicht vun der ganzer Schöpfung vu Gott. Mir wëlle weisen, wéi all Äntwert sech an de groussen Erléisungspang vu Gott aschreift mat nëmme engem Ziel: seng Léift mat eis ze deelen.

Besser ewéi Saachen déi ee maachen oder net maache soll

Schlussendlech fënnt een d'Äntwerten op Glawensfroen net an der Logik oder an der Autoritéit vun der Kierch, mee an enger Persoun: d'Persoun vum Jesus, dee jidderee vun äis gären huet mat enger Léift, déi mir äis net virstelle kënnen. Duerfir ass et esou wichteg, de Leit ze hëllefen, de Jesus kennenzelieren ier ee vu Bedingungen oder Geboter schwätzt. All bestuede Koppel kann iech soen, wat ee fir deen aneren opgëtt, mee si maachen dat mat Freed weinst der Léift, déi si deelen (KUCK TWEET [4.19](#)). Mee wie géif e liewenslängleche Kontrakt mat enger unbekannter Persoun schléissen, nëmme op der Basis vun enger Lëscht mat Saachen, déi ee maachen oder net maache soll? Nëmme wann d'Leit an eng perséinlech Verbindung mam Jesus erawuessen, gi si fäeg, d'Liewensreegele vum Jesus opzehuelen, well si wëssen, dass déi hinnen hëllef wäerten, wierklech glécklech als vu Gott geschafte Persounen ze ginn.



Dem Härgott seng lëscht Äntwert ass seng Léift fir all Mënsch, déi am Opfer vum Jesus um Kräiz ausgedréckt gëtt. Do fänkt all Äntwert un.



A.4 Ass jidderee vun deene Froe betraff?

Et läit am Mënsch dran, Froen ze stellen. All Philosophie huet hiren Ufank am Mënsch, dee staunt iwwer seng Erfahrungen an där Welt, déi hien ëmgëtt a Froe stellt. Duerch all Zäiten hu Männer a Fraen déi selwecht Froe gestallt: Wou kommen ech hier? Huet mäi Liewen en Ziel? Gëtt et e Liewen iwwer dat eraus, wat ech gesinn? Firwat gëtt et dat Béist an d'Leiden? Wéi kann ech d'Gléck fannen? Dem Härgott seng Offenbarung gëtt Äntwerten op dës Froen oder hëlleft op d'mannst hinnen e Sënn ze ginn, och wa mir déi ganz Wourecht net kenne kënnen, bis an deem Liewen, dat ze kommen huet an där Welt, déi ze kommen huet (KUCK TWEET 1.11).

Froe vun haut

Aus Erfahrung wësse mir, dass déi meescht Glawensfroen, déi d'Leit stellen, mat dëse fundamentale Froen zesummenhängen. Wann dir déi 200 Froen vun #TwGOD méi no analyséiert, da stell dir fest, dass eng Rei Froen vun där fundamentaler Zort sinn, déi mir hei uewen opgezielt hunn (KUCK #TwGOD, D'DEELER 1 A 4).

Anerer handel vun der Natur vu Gott a senger Schöpfung, Ufank an Enn abegraff an dem Härgott seng Offenbarung an der Bibel an an der Tradition vun der Kierch (KUCK #TwGOD, DEEL 1). Aner Froe betreffen de Jesus an d'Entstoe vun der Kierch (KUCK #TwGOD, DEEL 2). Oder si handelen iwwer d'Gebiet, d'Liturgie an d'Sakramenter (KUCK #TwGOD, DEEL 3). Schliisslech komme Froen iwwer d'Aart a Weis als Chrëscht ze liewen (KUCK #TwGOD, DEEL 4).

Wéini a wou?

D'Mënschen aus verschiddenen Zäiten a Plazen kënnen se vläicht anescht formuléieren, mee déi grouss Majoritéit vun de Froen bei #TwGOD sinn net nëmme relevant fir hollännesch oder lëtzebuergesch-sproocheg

Dem Härgott seng Froen an der Bibel

Hutt dir schon an der Bibel no de Froen vu Gott gesicht? Et kënnen liicht Ënnerscheeder tëschent de verschiddenen Iwwersetzungen ginn, well déi hebräesch Sprooch keng Interpunktioun gebraucht.

Dem Härgott seng éischt Fro gëtt un Adam an Eva gestallt: « Wou bass du? » (GEN. 3,9) a gëtt u jidderee vun äis gericht. Gott kënnt äis sichen, well mir, ewéi Adam an Eva, getäuscht gi sinn, wéi mir net gefollegt hunn, a well mir äis net wuel gespuert hunn, hu mir versicht äis ze virun der Wourecht ze verstopen. Dem Härgott seng zweet Fro geet un de Kain: « Wou ass däi Brudder Abel? ». De Kain, dee säi Brudder dout gemaach huet, äntwert mat enger Fro: « Sinn ech de Wiechter vu mengem Brudder? » (GEN. 4,9). Eemol méi si mir ugesprach: mir sinn effektiv verantwortlech fir eis Bridder a Schwestern. Mir müssen dat Gutt maachen, net dat Schlecht an dat bréngt mat sech, dass mir äis géigesäiteg hëllefen, dem Härgott ze follegen.

Am Neien Testament gëtt déi éischt Fro vun de Kinneke gestallt; sinn si stellverriedend fir déi ganz Welt a froen an eisem Numm nom Jesus: « Wou ass hien? » (Lk. 2,2). An do ass et, wou mir ufänken, mat Gott ze Tweeten.



Jonker aus dem XXI. Joerhonnert, mee fir jiddereen, egal wou an a wat fir enger Zäit hie leeft an dee sicht, déi wichteg Saachen am Liewen ze verstoen. De Programm vun #TwGOD gëtt haut a verschiddene Kontinenter ugewannt. D'Formulatioun vun den Äntwerten ass genderzouweisend un Uert an Zäit gebonnen. Wat vill verschidde Länner matenee verbënnt, ass dee méi oder manner groussen Afloss vun der Sekularisatioun. Eis Äntwerten vun #TwGOD sinn an deem Sënn geschriwwen ginn.

De Vokabulär vun #TwGOD ass ganz modern a gebraucht, esou wäit ewéi méiglech, d'Sprooch vun eiser Zäit. An e puer Joerzénge wäert den Text schwéier ze verstoe sinn, well Medien ewéi Twitter a Facebook net méi wäerte bestoen. Den Inhalt vun #TwGOD bleibt dee selwechten, mee e wäert missen anescht virgestallt ginn fir der Nofro vun där Zäit gerecht ze ginn.

Fir all Generatiounen

Mir kënnen schlussfolgeren, dass déi Jonk vun haut hier Froen op #TwGOD universal Froen sinn, fir all Generatioun an all Alter. Duerfir ass et net verwonnerlech, dass och méi eeler Leit gesot hunn, dass déi einfach a kloer Äntwerten vun #TwGOD hinne vill gehollef hunn. (E puer vun hinnen sinn esouguer dankbar, de Gebrauch vun deene moderne Medien geléiert ze hunn). Esou fuere mir weider mam Dialog iwwer fundamental Froen vun de Mënsche vun haut, an enger jonker Sprooch iwwer déi éiweg Léift vum Jesus fir jiddereen.



Trotz villen Ënnerscheeder, droen all Leit déi selwecht fundamental Froen mat sech ronderëm, iwwer hier Existenz, iwwer Gott an iwwer d'Welt.



A.5 Kann ech #TwGOD esou wuel eleng ewéi an engem Grupp benotzen?

D'Buch #TwGOD kann als Referenz eleng (KUCK DAT ENCADRÉIERT) wéi och fir e Studium benotzt ginn. Et kann och nützlich si fir eng eenzel oder eng Serie vu Versammlungen. No an no, wann d'Leit am Grupp sech besser kenne léieren an encouragéiert ginn, nozedenken, ass et hinne méiglech méi déif an déi eescht Froe vum Glawen eran ze kommen (KUCK B.3). Et ass also nützlich all Woch oder all zwou Wochen zesummenze-kommen. Fir d'Ufänger rode mir Iech, de Schema vun den Ufank-Sessiounen vun #TwGOD erëmzesichen (KUCK A.1) an och eis Virschléi zum Format vun enger typescher Versammlung (KUCK B.2).

Fro an denk no

Ob dir eleng oder an engem Grupp sidd, den Ufank vun all Aktivitéit mat #TwGOD sollten d'Froen, déi dir oder äre Grupp sech iwwer de Glawe stellen, sinn (KUCK B.3). Dir wäert gesinn, dass vill vun dese Froen direkt beäntwert kënnen ginn oder op d'mannst eppes mat den 200 Froen Am Buch ze dinn hunn. Beim Iwwerleeën iwwer méiglech Äntwerte wäerte vill froen derbäi kommen, déi entweder direkt un d'The-ma gebonne sinn oder och e ganz anere Sujet sinn.

D'Ziel vun #TwGOD ass et, de Leit ze hëllefen, d'Lo-gik vun eisem Glawen ze erkennen (KUCK A.3). Fir si ze entdecken, ass et onbedéngt noutwendeg, dass d'Teil-nehmer selwer nodenken. Verschidde Leit wäerten, mat enger gewësser Sturheet, einfach widderhuelen, wat si héieren hunn, ouni kënnen ze erklären, wat si gleewen (KUCK A.2). Anerer argumentéieren, mee hier Argumenter sinn net begrënnt. Dat ass alles trotzdeem kee Problem; mir hoffen, dass si no an no léieren, selwer nozedenken. Keen huet eng Äntwert zu allem.

D'Äntwerten am Buch *Tweete mam HÄRGOTT* an op der Websäit wäerte béides erliichten: weidert Studium an den Dialog iwwer all Thema. No den Diskussiounen am Grupp wäerten des Äntwerten och als Referenz dénge bei den Diskussiounen ausserhalb vun de Versammlungen, wat oft de Fall wäert sinn (KUCK A.1).

Wann een #TwGOD eleng gebraucht

#TwGOD gëtt vill Manéieren un, fir Äntwerten op är Froen ze sichen. Dir kënnt eng Kopie vum Buch #TwGOD huelen oder ufänken op der App ze kucken oder op der Websäit www.tweetingwithgod.com (KUCK C.1) ze surfen. Am Index vum Buch wäert iech hëllefe schnell deen Tweet ze fannen, deen iech interesséiert. De Site huet e staarke Sichmotor, deen och errechbar ass mat der #TwGODApp.

Wann dir d'Äntwert op déi Fro, déi dir gesicht hutt, ganz gelies hutt, wëll dir vläicht d'Zitater aus der Bibel noKucken oder op der App bei « Méi liesen ». D'Ziel ass et, an der Bezéiung zu Gott ze wuessen. Dat ass nëmme méiglech, wann dir ärt ëmmer méi grousst Wëssen iwwert Hien mat an är d'liewen huelt. Mir lueden iech an, iech all Dag eng Zäit fir d'Gebiet ze huelen an ären ëmmer méi grouse Glawen an d'Praxis ëmzesetzen andeems dir aneren hëlleft.



Biet

Et ass ganz wichteg a gutt, iwwer de Glawen ze schwätzen an en ze studéieren. Dat huet awer kee Sënn, wa mir net verwuerzelt sinn an enger perséinlecher Relatioun mam Jesus, déi sech no an no opbaut. Duerfir ass et fundamental, reegelméisseg Momenter vu Gebiet ze hunn. Och wann dir #TwGOD am Grupp gebraucht, dann ass d'Gebiet ëmmer en integrale Bestanddeel vum vum Treffen. Wann dir feststellt, dass d'Leit am Grupp no deene laangen Diskussiounen midd sinn a virum Gebiet wëllen heemgoen, da kierzt är Diskussiounen a gitt iech Zäit fir d'Gebiet. Bieden ass wuertwärtlech mat Gott tweeten, well et Geleeënheet ass, mat him ze schwätzen (KUCK TWEET 3.2).

Handel

Et ass wesentlech, dass dat intellektuell Wëssen iwwer Gott en Deel vun ärem Liewen a vun där Manéier, wéi dir mat anere Mënschen ëmgitt, gëtt. De Jesus huet selwer gesot, dass een e Bam u senger Friichten erkennt (Lk. 6,44) an e Chrëscht soll erkannt ginn u senger Manéier ze liewen. D'Fro « Wat sinn d'Konsequen-ze fir mäi Liewen? » ass eng ganz wichteg fir jiddereen, de mat #TwGOD schafft. Wann dir dese Programm an engem Grupp uwent, muss bei all Sessioun déi Fro behandelt ginn.

An deem Sënn kann et ganz nützlich sinn, Wierker vun der Baarmhärzegkeet ze maachen, dat heescht de Leit ronderëm iech ze hëllefen, ouni eppes zrëck ze erwaarden. Da kenn dir eleng oder am Grupp maachen.



#TwGOD behandelt är Froen, also fänkt domat un! De Programm kann iech hëllefen, Äntwerten ze fannen, a selwer unzefänken, mat Gott ze tweeten.



A.6 Sollt ech Angscht viru schwierege Froen hunn?

Et kann onangenehm a schmäerzvoll sinn, wann e Frënd un äis eruntrëtt an zu eisem Glawe kuckt. « Sief net topeg! Du kanns dach dëse reliésen Onsënn net gleewen! » Et ka grad esou beängstegend sinn, an ee am Grupp fret. « Wierklech? Du wäerts dach net gleewen! » Ëmsou méi, wann dir de Grupp leed an dir mierkt, dass dir keng Äntwert op eng riichteraus Fro hutt. Déi Jonk kënnen ganz direkt an hire Froen a Kommentare sinn.

Sief du selwer

Wéi soll an deene Fäll är Äntwert sinn? Et gëtt do keen eenzele Wee, deen ëmmer an iwwehall foncti-onnéiert. Dir musst är eege Manéier fannen, fir op déi schwéier Froen ze äntweren an ouni op oniwwer-luecht Äntwerte vun aneren nozeplapperen. Nëmme da sidd dir authentesch a vertrauenswierdeg. Wat hëlleft, vill iwwe de Glawen ze léieren, ass gutt Bicher ze liesen a mat informéierte Leit ze schwätzen. D'Äntwerte vun #TwGOD missten e gudden Ufank fir all Diskussioun bidden.

« Ech wollt net anescht ewéi meng ongleeweg Frënn sinn »

Lidwine: Bei deenen éischte Versammlung vum #TwGOD war ech an der Pubertéit. A där Zäit ass d'Meenung vun dengen Frënn an d'Bezéiung zu hinne ganz wichteg. An der Schoul hat ech e Grupp Frënn, déi ni iwwe Glawen oder déif Theme geschwat hunn. Och wann ech de Wonsch hat, iwwe esou Saachen ze schwätzen, wollt ech net anescht ewéi meng Frënn sinn an ech war zu allem bereet, fir an hirem Grupp integréiert ze sinn. D'Priedegt vun engem Priister ka gutt sinn, mee dat war definitiv net genuch fir mäi Glawen ze entdecken. Et war e grouse Schrëtt ze maache vum mengem Liewe mat menge Schoulfrënn, e Liewen, wat net kompatibel mam Glawe war, zu engem Kenneléiere vum Glawen an engem Liewen no de Regele vun der Kierch.

Während de Versammlung vum #TwGOD hunn ech et fäerdeg bruecht, eppes iwwe de Glawen ze léieren a keng iwwe-flächlech Matière, mat Leit aus mengem Alter. Dat war eng gutt Kombinatioun fir mech. Ech hu mech duerch d'Gesellschaft an eng Richtung gedréckt gefillt, déi net mat der Kierch iwweene gong, mee ech hunn entdeckt, dass et méiglech ass, zu gläicher Zäit « normal » a « reliés » ze sinn. Am #TwGOD hunn ech mech och ëmmer sécher gespuert. Et war eng Plaz, wou ech offe konnt soen, wat ech gleewen a wéi ech gleewen. Ech konnt hefteg Froe stellen, ouni dass se als ze vill kritesch verworf gi sinn. #TwGOD huet mir vill gehollef. Ech hu geléiert, viru schwéiere Froen, déi d'Leit ron-derëm mir stellen, ze fäerte keng Angscht ze hunn.



Biet, biet nach

An dësem Kontext esou ewéi an all Moment ass d'Gebiet wesentlech. Wann dir méi iwwe äre Glawe wësse wëllt, da léiert Gott kennen. Hien huet eng Äntwert op alles, och wann et an dësem Liewen net méiglech ass, the mind of God vollstänneg ze kennen. Duerch äert Studéieren a Sichen no Gott am Gebiet, fänkt dir un, déi grouss Logik vun eisem Glawen ze gesinn (KUCK TWEET [1.26-1.28](#)). Dës Logik wäert iech vill hëllef beim Sichen no där richteger Äntwert. Wann dir iech eng schwéier Fro am Liicht vum Härgott senger Léift ukuck, da wäert dir feststellen, dass dir méi wusst, ewéi dir mengt.

Fäert net

Et gëtt kee Grond, Angscht viru Froen ze hunn, och, wann dir d'Äntwerten net kennt. Kee weess alles. De Jesus selwer sot, dass wa mir iwwe eise Glawe gefrot ginn, den Hellege Geescht äis eng Äntwert gëtt (Lk. 12,11-12). Natierlech musse mir äis selwer opmaache fir dem Härgott seng Gnod (KUCK TWEET [4.12](#)), esou, dass mir seng Inspiratioun héiere kënnen.

« Sich als éischt Gott »

Ilse: Ech hu geléiert, net nëmme mir selwer a mengem Wëssen ze vertrauen, Nëmme, wann ech Gott duerch mech schwätze loosse, dann interesséieren déi Jonk sech, fir dat, wat ech ze soen hunn. Dat heescht, dass ech als éischt um menger Bezéiung zu Gott muss schaffen an Hie regelméisseg a mengem Gebiet opsichen.



Sief authentesch, biet, studéier, kuck d'Logik vum Glawen a wo net ze wëssen. Wann s de dem Herrgott vertraus, brauchts de keng Angscht ze hunn!

Deel B

#TwGOD an der Grupp oder an der Schoul uwenden

Aféierung



Et gi vill Méiglechkeeten a vill Plätzen, wéi ee mat *Tweete mam HÄRGOTT* schaffen kann: an der Por, an der Schoul, an engem Grupp, deen an der Vorbereitung op ee Sakrament schafft an esou weider. An deene folgende Kapitele gi mir Iech en Iwwerbléck, wéi #TwGOD fruchtbar kann ugewannt ginn, no eiser Erfahrung.

Fillt iech fräi, un déi proposéiert Methoden no Ärer Manéier erunzegoen, si ze adaptéieren, am beschten an der Zesummenaarbecht mat Ärem Grupp. Déi interaktiv Methoden, déi mir virstellen, musse wahrscheinlech dem Alter an der Zesummestellung vum Grupp adaptéiert sinn.

Mierkt iech, dass den Alter vum Grupp kéng Roll spillt. #TwGOD ass fir all Alter! Mir hunn festgestallt, dass dee jonken Ursprung vun #TwGOD (KUCK [A.4](#)) d'Sprooch vum Programm zougänglech gemaach huet, net nëmme fir jonk Leit, awer och fir méi räif Mënschen, déi sichen iwwert de Glawen ze léieren. Et ass net den Alter, awer den Interesse méi iwwert de Glawen ze léieren an déi eegen Iwwerzeegungen ze befreien, dat d'Wiese vun #TwGOD ausmécht.

An deene folgende Säite weise mir ëfters op d'Anhang vum Buch hin, déi iech e Plang gi fir eng bestëmmten Zäit mat #TwGOD ze schaffen (KUCK D'ANHANG [1](#)), e puer Weeër, fir de Grupp ze encouragéiere Froen ze stellen (KUCK D'ANHANG [2](#)), eng Rei vun interaktiv Methoden, déi ee mam Grupp uwenne kann (KUCK D'ANHANG [3](#)) a Weeër fir d'Sakrament vun der Versöhnung an d'Gebieder an de Versammlungen ze integréieren (KUCK D'ANHANG [4](#) AN [5](#)) a fir #TwGOD an Ärer Firmungsklass ze gebrauchen (KUCK D'ANHANG [6](#)).

Mir hunn och nach Downloads, déi domat verbonne sinn, mat Suggestiounen an interaktiv Methode preparéiert, an déi een op www.tweetingwithgod.com/howto fanne kann. An dobäi, wëlle mer vun Zäit zu Zäit fir Äert Zesummekommen e spezielle Programm mat engem ausgeschafften Thema preparéieren.

Dir wäert och an dësem Buch eng wichteg Sektioon fanne mat Rotschléi fir Gruppeleeder (KUCK [B.5](#)). Duerch meng eegen Erfahrungen als jonke Leeder, hunn ech geléiert, dass e Leeder virum allem en Dénger muss sinn: een, deen déi bescht Intentioun fir säi Grupp huet, an dee gewëllt ass Opfer ze bréngen, zum Beispill, wat Zäit an Energie ubelaangt, fir dee Grupp. Wann Dir Äre jonke Leit hëlleft an hirem Glawen ze goen, da wäert Dir Lektioenen erliewen, wou et haart ass se unzehuelen, déi awer wesentlech si fir Äert eegent spirituellt Wuessen, an dat vun deenen déi Dir begéint. « Wien ënnert Iech grouss wëllt sinn, muss Ären Dénger sinn » (Mt 20, 26).

Ilse Spruit



B.1 Wéi kann een ufänke mat #TwGOD ze schaffen?

Eng nützlich Manéier fir unzufänke mat *Tweete mam HÄRGOTT* ze schaffen, ass e Gespréich ze hunn mat eenzele Leit, déi am virgesinne Grupp sinn, fir hir Bedürfnisser ze kennen, wat de Glawen ubelaangt. Oft geet et och deen anere Wee: eenzel Mënsche schwätzen iwwert hir Froen, wat de Glawe betrëfft a froen sech, wéi si Äntwerte fanne kënnen. #TwGOD huet souwuel Äntwerten op d'Froen, wéi och d'Method déi hëlleft iwwert d'Logik nozedenken, déi derhannert steet.

Team

Wann der decidéiert huet e #TwGOD Grupp ze starten, ass et eng gutt Iddi e puer Leit zesammenzebréngen, déi en Team bilden. Ee Virdeel am Grupp ze schaffen, ass dass de viséierte Grupp an de Virbereedunge representéiert ass. Doriwwer eraus kënnst der, wann der am Grupp schafft, d'Aarbecht opdeelen, méi Talenter zesammenzebréngen, a méi e grouse Krees hunn, vum deem aus der Leit invitéiere kënnst, fir am Grupp matzemaachen. D'Membere vum Grupp kënnen sech géigesäiteg motivéieren an zesumme bidden. Schliisslech ass et méi amusant zesummen ze schaffen!

Deel deng Visioun

Wann der eng Sessioun vun #TwGOD plangt, ass et wichteg, dass der verstitt, wat der versicht auszuféieren. Et ass d'Hoffnung an der perséinlecher Relatioun mat Jesus ze wuessen a méi iwwer Gott ze léieren (KUCK A.3). Zousätzlech zu Ärem eegene Sichen no Äntwerten op Är Froen, wëllt der wahrscheinlech aneren hëllefen och iwwert de Glawen nozedenken.

D'Regelen vun #TwGOD

1. Huelt all Froen un, déi de Glawen an d'Liewe betreffen, egal wéi e Standpunkt se verrieden a wéi eng Äntwerten se matsechbréngen.
2. Lauschtert respektvoll deenen anere Membere vum Grupp no a versicht de Raisonement ze verstoen, deen hannert hire Aussoe steet.
3. Loosst de Raisonement vun der Léier vun der Kierch fir sech selwer schwätzen.
4. Versicht net zevill ze iwwerzeegen: gitt Zeechnes vun ärem eegene Glawen. Erënnert drun, dass nëmme Gott d'Härzer bekéiere kann.
5. Sidd diskret: quatscht net iwwert d'Aussoe vun deenen anere bei Leit, déi ausserhalb vum Grupp sinn.

(KUCK A.2)



TwGOD wëllt ärem Grupp hëllefen...

- iwwert de Glawen nozedenken an d'Logik vum Härgott sengem Plang fir d'Mënscheit ze gesinn.
- an der Relatioun mat Jesus ze wuessen
- ze bidden a Glawen zesummen ze deelen
- säi Glawen an Doten ëmzesetzen

TwGOD Sessiounen...

- fänkt un mat de Froen, déi d'Membere vum Grupp selwer hunn
- fir jiddereen zougänglech sinn
- encouragéiert d'Membere selwer ze denken
- suggeréiert, wéi een de Glawen am Alldag liewe kann
- et soll an engem Klima vu Vertrauen a Frëndschaft oflafen
- Platz loosse fir den Undeel an d'Manéier aner Meenungen auszudrécken
- ufänken an ofschléisse mat engem Moment vu Gebiet, an deem een alles dem Härgott an d'Hand leet.

E Plang maachen

Elo ass d'Zäit komm fir Är Iddien ze konkretiséieren. Wéi oft wëllt dir Iech gesinn a wat ass de Programm vun ärem Zyklus (KUCK A.1). D'Atmosphär an Ären Treffen ass wichteg: wou an a wéi engem Kader wëllt der Iech treffen? (KUCK B.4) Wéi wëllt der d'Mënschen invitéieren? (KUCK A.1) Wéi wëllt der d'Froe sammelen? (KUCK B.3) an huet der d'Intentioun eng speziell éischt Versammlung ze hunn? (KUCK A.1) E Grupp vun Erwuessene wäert wahrscheinlech méi einfach direkt un d'Froe kommen, wéi e Grupp vu Jugendlechen, déi eventuell nach Aktivitéite brauchen, déi d'Äis brieche.



Bréng e puer Leit zesummen fir e Grupp ze bilden, sef der dengen Objektivten an denger Visioun sécher a fänk u mam Herrgott ze twitteren!



B.2 A Wéi gesäit eng typesch Versammlung aus?

Decidéiert am Ufank wéi eng Froen Dir an dëser Versammlung diskutéiere wëllt (KUCK B.3). Et ass eng gutt Iddi vum Grupp sech ze preparéieren andeems jiddereen e puer Dokumenter iwwert de Sujet virdru gelies huet. Kuckt eis Virschléi fir #TwGOD mam Grupp ze gebrauchen (KUCK A.5) an d'Beschreibung vum Modell vun den urspréngleche Versammlung vum #TwGOD (KUCK A.1) Wann et sech em déi éischt vun enger Serie vu Seancen handelt, dann ass et wichtig, dass een un eng gëeegent Uerdnung denkt, wéi een d'Froen diskutéiere wëllt, andeems een och de Froe vum Grupp Rechnung dréit an de liturgeschen Zäite vun der Kierch (KUCK ANHANG 1).

Fänkt Versammlung un

Fänkt Seance mat engem kuerze Gebiet un, wa méiglech vum engem vun de Membere vum Grupp (KUCK ANHANG 5). Wann nei Leit do sinn, ass et eng gutt Iddi, dass jiddereen sech virstellt; sot zum Beispill jidderee soll säin Numm soen an d'Faarf vu senge Socketten (KUCK ANHANG 3). Maacht mat jidderengem d'Reegele vun #TwGOD aus, déi hëllef sollen, dass Diskussioun an engem positiven a friddleche Klima ofleeft (KUCK A.2) Egal wéi e Sujet een huet, et ginn ëmmer genuch Ursache fir och gutt ze laachen an sech zesummen ze amuséieren. Et ass en natierlecht Mëttel fir Spannungen ze entlueden an de Gruppen sech méi nozebréngen.

Un de Sujet erugeen

Duerno ass Zäit komm, fir déi gestallte Fro ze presentéieren: z.B.: « Schléisst de Big Bang de Glawen u Gott net aus? » (KUCK TWEET 1.1). Et gi méi Manéieren dem Grupp ze hëllefen iwwert e Sujet ze diskutéieren (KUCK ANHANG 2 AN 3).

- Déi Persoun, déi d'Fro gestallt huet, kann erklären, firwat si se gestallt huet, an och hir éischt Iwwerleeungen derzou soen.
- Eng aner Manéier fir Diskussioun unzefänken, besteet doran e Member vum Grupp ze froe fir virdrun eng kuerz Presentatioun ze preparéieren, iwwert den Inhalt vun der Äntwert am Buch #TwGOD.

Duerno kënnen aner Membere vum Grupp soen, ob si

Zäitopdeelung a Minutte suggeréiert

Jee nodeem wéi äre Grupp ass, kënnst der zwou oder méi Froen (Tweets) an enger Versammlung diskutéieren. Dësen Zäitplang erméiglecht Iech zwou Froen unzegoen. Dir kennt modifiéiere wéi dir wëllt.

00.00	Ufanksgebiet vun engem Member vum Grupp
00.02	Presentatioun vun neie Leit, averstanen si mat de Reegelen vun #TwGOD
00.05	Beitrag: Aféierung fir den éischten Tweet vun engem Member vum Grupp
00.10	Diskussioun: éischten Deel
00.40	Beitrag: méi Material liesen (an deem d'App uwennt fir den Inhalt online ze liesen)
00.45	Diskussioun: den zweeten Tour
01.05	Zesummeffaassung: vum Gruppeleeder oder andeems Buch zesumme gelies gëtt.
01.10	Beitrag: Aféierung an déi zweet Fro
01.15	Diskussioun, éischten Deel
01.45	Beitrag: méi doriwwer liesen
01.50	Diskussioun: den zweeten Deel
02.10	Zesummeffaassung
02.15	Schlussgebiet an enger Kierch oder enger Kapell
02.30	Schluss



averstane sinn, an firwat oder hir eege Meenungen an Argumenter presentéieren. Wann se keng Meinung prett hunn, kënnst dir eng aner Fro stellen, z.B.: « Wéi kënnst dir d'Schöpfungsgeschicht mat der Theorie vun der Evolutioun versöhnen? » « Hutt dir jee doriwwer nogeduecht? » « Ass d'Kierch géint d'Fléien an de Weltall? » « Kann d'Wëssenschaft jee d'Existenz vu Gott beweisen? » « Ass dat wichtig fir Äre Glawen? » Nodeems all Mënsch d'Geleeënheet krut zur Diskussioun bäizedroen, kann et nëtzlech sinn, d'App vun #TwGOD ze gebrauche fir un d'Material ze kommen « Lies méi ». Esou kënnst der Citatiounen iwwert de Sujet am *Katchësser vun der Kathoulescher Kierch* (an a sengem *Kompendium*) liesen an am *Jugend-katchësser vun der Kathoulescher Kierch* (YOUCAT) liesen. Dir wäert och Citatiounen vun verschiddene Päpsten a Kirchenväter fannen. Dat misst hëllefen Diskussioun erëm ze lancéieren.

Schluss

Fir Diskussioun ofzeschléissen, kënnst der zesummeffaassen, wat gesot ginn ass, wann dir iech capabel fannt, oder dir liest den Text vum Buch zesummen, andeems der déi Argumenter ervirhieft, déi vum Grupp gesot gi sinn. Eng wichtig Fro an dësem Stadium ass: « Wéi verhält dat sech zu mengem perséinleche Glawen, an zu menger Relatioun mam Jesus? » Dat kann an der Zesummeffaassung erwänt ginn. Frot Iech dann, wéi der kennt maache fir dat, wat der geléiert hutt an äert Liewen eranzebréngen. Déi Froe kennen zum Schlussgebiet féieren. Schléisst är Versammlung of, am beschten an enger Kierch oder an enger Kapell, mat enger liturgescher Form vu Gebiet, esou wéi d'Komplet oder ee Moment vun Ubiedung (KUCK ANHANG 5).



Biet zum Herrgott, hutt Spaass zesummen a bréng däi Glawen an den Asaz; dëst ass e gudde Résumé vun der Q&A Approche vun #TwGOD.



B.3 Wéi eng Froe misste mer ugoen?

Et wär ideal, wann de Grupp selwer géif decidéieren, wéi eng Froen an de #TwGOD-Versammlunge diskutéiert gi sollen. Dir kënnt déi éischt Versammlung zesumme virbereeden andeems der e Bléck op all Froe werft, déi de Grupp behandle wëllt (KUCK ANHANG 2). Et ass ganz einfach d'Membere vum Grupp ze froen hir Froe schrëftlech eranzeginn: op Pabeier, oder iwwert e-mail, oder iwwert sozial Medien. Déi komplett Lëscht wäert dann allméiglech Froen enthalen an hir Organisatioun wäert eng bestëmmten Aarbecht verlaangen.

Trefft eng Auswiel vun de Froen vun der Lëscht

Decidéiert als Leader oder zesumme mam Team wéi eng Froen ze vill privat oder andersäits onpassend si fir am Grupp diskutéiert kënne ginn. Déi kënne privat diskutéiert ginn oder der kënnt déi concernéiert Persoun op ee verweisen, deen hinnen Hëllef kann op déi Froen ze äntweren.

Gruppéiert a plangt

Dir wäert feststellen dass bestëmmte Froen sech op de selwechte Sujet bezéien. Regruppéiert déi. Aus eiser Erfahrung geet erfir, dass d'Uerdnung, déi mir am Buch presentéiert hunn, nëtzlech ass, well se mat der Basis vum Glawen ufänkt, déi noutwendeg ass, fir aner Ausweeër ze verstoen. Zum Beispill, wann der d'Bibel wéi en vertrauenswierdege Guide gebrauchte wëllt, musst der vir d'éischt iwwert Grënn diskutéieren, firwat d'Kierch Bibel als vertrauenswierdege hält (KUCK TWEET 1.10-1.21). Duerno kënnt der mat der éischter Fro ufänken, déi äre Grupp gestallt huet, déi am Buch virkënnt. An engem méi spéide Stadium, ass d'Uerdnung manner wichteg an dir kënnt während enger Sessioun iwwert chrëschtlech d'Ethik schwätzen (KUCK TWEET 4.1-4.50) an zum Beispill an där duerno iwwert Kierchegeschicht (KUCK TWEET 2.1-2.50). Vun Zäit zu Zäit kann och eng Fro behandelt ginn, déi net am Buch steet. Wann dat de Fall ass, da sot eis w.e.gl. iwwert déi sozial Medie Bescheed. Desweidere kënnt dir op déi Froen äntwere mat därselwechter Method, déi virdru beschriwwen gouf. Wann der d'Froen da geuerdent huet, dann decidéiert, wéi en Thema der an all Sessioun diskutéiert wäert. Dir kënnt e Kalenner opstellen, esou dass all Memberen sech selwer op d'Versammlung virbereede kënnen.

E Lien schaffen a Vertrauen opbauen

Fir dass #TwGOD Sessiounen fruchtbar sinn, ass et wichteg eng häerzlech Ambiance a Vertrauen am Grupp ze schaffen.

- Vereenbart mat alle Teilnehmer d'Reegele vun #TwGOD (KUCK A.2 AN B.1).
- Loosst net Mënschen nëmme fir eng Versammlung kommen, wëll dat kënnt d'Klima vu Vertrauen auslëschten.
- Scheit net Zäit a Méi fir deenen déi deelhuelen ze hëllefen sech géigesäiteg kennenzelieren (KUCK ANHANG 3 FIR E PUER WITZEG AMUSANT METTELEN).

Wat d'Vetraue méi grouss ass, wat Membere vum Grupp sech méi à l'aise fillen, déi eng mat deenen aneren, wat Diskussiounen net nëmme méi déif gi léisst, mee och d'Relatiounen. D'Frëndschaften tëschen deenen déi deelhuele wäerten hinnen Hëllef mat de Versammlunge vun #TwGOD virunzefueren, trotz hire chargéierten Zäitpläng.



Eng Diskussioun moderéieren

De Chef vum Grupp ass de Moderator. Wann äre Grupp gemeinsam Erfahrung huet an e gewëssenen Niveau vu Vertraue wäert d'Zäit ganz séier ëmgoen. Huet keng Angscht virun der Stëllt: d'Leit brauchen Zäit fir nozedenken, ier se schwätzen. Awer, méi laang Zäite vu Stëllt an engem Grupp kënne penibel sinn. Dir kënnt dann e puer Froen stellen, fir d'Diskussioun weiderzeféieren (KUCK B.5 AN ANHANG 2). Dir wäert feststellen, dass vill Niewen- Themen an enger Diskussioun opkommen. Wann der iwwert den Tweet 1.1, z.B. diskutéiert, kënnt d'Leit sech iwwert de Lien tëschen dem Mënsch an dem Af Froen stellen, d'Gréisst vum Universum an d'Existenz vun Extra-terrestres. Adam an Eva wäerte wahrscheinlech opkommen. Et ass wichteg Diskussioun net ze breet ginn ze loosser. Wann eng Fro ausserhalb vum Sujet ass, kënnt der decidéieren an der nächster Sessioun doriwwer ze schwätzen.

Froen ervirruffen

Heiansdo verlaangt de Jugement d'Hëllef vun enger interaktiver Method (KUCK ANHANG 2 AN 3). Et kann sinn, dass Participanten ze schei oder andersäits ne bereet si Froen am viraus ze schécken. Wann dat de Fall ass, kënnt der déi éischt Sessioun gebrauchen, fir op d'Sammlung vu Froen vum Grupp hinzeweisen. Dir wäert gesinn eng Fro bréngt déi aner mat sech. Mateneen Zäit an engem gemittlechen Ëmfeld verbréngen schafft eng Atmosphär vu Vertrauen tëschen deene Persounen déi do sinn (KUCK DAT ENCADRÉIERT): Doduerch, dass een déi aner vu Gesiicht zu Gesiicht gesäit, kann hëllefen, dass si sech genuch à l'aise spiere fir hir eegen Froen ze stellen. Suergt dofir fir en Ëmfeld ze schaffen, dat sécher an accueillant ass (KUCK B.4).



D'Froen kommen vun de Participanten: #TwGOD fänkt ëmmer mat hire Froen un. Eng Fro féiert zu där anerer.



B.4 A wéi engem Kontext kënnen mir eis #TwGOD - Versammlungen ofhalen?

TwGOD - Versammlunge kënnen iwwerall do ofgehalé ginn, wou d'Partizipanten sech wëllkomm spieren. Munch Mënsche fannen et zimlech schwierig iwwert Gott ze schwätzen. E Kader deen accueillant ass, kann derzou bäidroen, dass si sech à l'aise spieren. Dat fänkt un mat enger Atmosphär vu Vertrauen am Grupp (KUCK B.3); déi kleng Reegele vun #TwGOD kënnen dobäi hëllefen (KUCK A.1 AN B.1)

Eng Plaz an en Zäitplang wien

Wann der am Gaang sidd iwwert Platz an iwwert Zäit vun ären #TwGOD-Versammlungen ze decidéieren, dann ass et gutt mat den potentielle Partizipanten hir Erwaardungen an hir Disponibilitéit ze iwwerpréifen. Allgemeng kënnen dës Iwwerleeungen nützlich sinn.

Interessi vun de Participanten

Sëtzt iech selwer an d'Laach vun de Participanten a frot iech wat si glécklech mécht. Dir braucht net vill, awer en agreabelt Ëmfeld ze schafe kann dozou bäidroen, déi Atmosphär vu Vertrauen ze schafen, déi dir sicht (KUCK B.3). Teenager hunn Chips an Cola gären, Studenten aus engem Kolléisch drénke gären eppes zesummen, an Erwuessener hu vläicht léiwer eng Taass Kaffi oder Téi oder vläicht en Owendiessen. Sidd vläicht virsichteg mam Alkohol. Wann der iwwert de Kader decidéiert, kënnen eis Suggestiounen vläicht hëllefbräich sinn (KUCK DAT ENCADRÉIERT).

Zäitplang vun de Participanten

Der Zeitplan hängt hauptsächlich von der Verfügbarkeit der Teilnehmer ab.

- Wann der virun allem mat Teenager ze dinn hutt, dann denkt drun, dass si Samschdes mat Sport beschäftegt sinn oder aneren Aktivitéiten, an dat si an der Woch owes Hausaufgaben hunn.
- Wann der jonk Elteren an ärer Grupp hutt, da wënschen se mat hirer Famill zu Nuecht ze iessen, a komme léiwer duerno zesummen.
- Lycéesstudenten hunn Examen, an déi mussen och a Betruecht geholl ginn.

Verwandel dat stëppsecht, langweiligt Porlokal an e gemütleche Kader!

Déi eenzeg Platz déi disponibel ass, ass vläicht en aalt blecht a stëbsegt Zëmmer a ärem Parzentrum. Wat géif deem stëbsegen a langweilige Parsall en heemlecht Ausgesi ginn? Mir ginn lech e puer einfach Tricken: sammelt Nappen, Käerzen a Planzen (kënstlech Planzen dauere bal ëmmer.) An engem Occasiounsgeschäft kënnt der esouguer flott Geschirf fannen an en Ecran, deen sech zesumme fale léisst, op deen der Affichen a Biller hänke kënnt. Dat kënnt der selwer maachen, awer de kënnt och de Grupp mat erunzeien, dat hëlleft Komerodschaft opzebauen. Mir garantéieren lech: d'Resultat wäert lech iwwerraschen!



Suggestioun 1: Am Café

Wou: Am Café oder an engem Porsall, dee confortabel dekoréiert ass
Wéini: E Weekendowend
Zilgrupp: Studenten
Material: Gedrénks, lessen
Atmosphär: Coussinen, Käerzen, asw.
Tipp: Suergt, dass der net e Lokal gewielt hutt, wat ze vill iwwerfëllt ass: dir musst nach capabel sinn, een deen aneren ze héieren.

Suggestioun 3: Mat Kaffi oder während engem Brunch

Wou: An ärem Porzenter oder bei engem doheim.
Wéini: No der Sonndesmass
Zilgrupp: All Gruppen
Material: Kaffi, Téi, Muffins, Kuch, Sandwiches
Atmosphär: Eng schéin Napp a Servéiten
Tipp: Maacht e Brunch, wou dir deelt a jidderee bréngt eppes fir z'iessen mat.

Suggestioun 2: Während engem lessen

Wou: An ärem Porzentrum oder bei engem doheim
Wéini: Iergendeen Owend
Zilgrupp: Studenten oder aner Erwuessener
Material: Eng Kichen a wat derzou gehéiert
Atmosphär: Eng schéi Napp, Käerzen, Dimmerlicht
Tipp: Wa méiglech kacht zesummen, dat mécht en diskrete Kontakt méiglech ënnert de Participanten a gëtt iech en Abléck an d'Dynamik vum Grupp.



An engem Pub, iwwert dem lessen oder bäim Kaffi: all Ëmfeld ass an der Rei solaang wéi d'Participanten sech wuel fillen fir hir Gedanken auszetauschen.



B.5 Gëtt et praktesch Rotschléi fir den Animateur?


Mat oder ouni d'Erfahrung vun engem Animateur an der Moderatioun vun enger Diskussioun, ass et wichteg, duerno ze striewen, e bessere Leeder an e bessere Chrëscht ze ginn. Op dëse Säite lëschte mer op, wat mir als dat Wichtigst fannen, wat e maachen oder net maache soll fir #TwGOD - Versammlungen ze moderéieren, obschonn dës Lëscht net vollstänneg ass. Mir hoffen, dass dat Iech hëlleft anzegessinn, dat et wéineg brauch fir e gudden Animateur ze sinn. Wann Dir dës puer Rotschléi befollegt, da sidd Dir um gudden Wee, dee beschit méiglechen Animateur ze ginn! Op déi Manéier wäerten d'Versammlungen och Iech inspiréieren.

Maachen

1. *Biet!* Frot den Härgott, Hie soll Iech guidéieren an Ärer Virbereedung a während de #TwGOD- Versammlungen. Erënnert iech, dass Dir dat net eleng musst maachen!
2. *Vum Wuert zu den Akten.* Bedenkt, dass Dir e Modell fir Äre Grupp sidd. Besonnesch Teenager si staark impressionéierbar: wann Dir hir Tweeting mat GOD Freidegowes leed an si Iech Samschdegowend voll gesinn, verléiert Der Äer Glawwierdegkeet.
3. *Breet gutt fir.* Heiansdo kënn Dir näischt änneren, dass awer Saache schif lafen, awer maacht Äert Beschit, dass Är Treffé gutt verlafen. Dat heescht och, dass Dir Froe virbereet (a méiglech Äntwerten) an all Material wat Dir braucht.
4. *Maacht et zesummen.* Huet Participanten an de Planning mat eran, fir d'Ufänger mat enger Selektioun a mam Regruppéiere vun Froen (kuck [B.3](#)), esou wéi d'Invitatiounen an d'Akeef, asw. Dir hutt vläicht Schwieregkeeten ze delegéieren an et ka sinn, dass et méi Zäit hält, wéi et selwer maachen, awer Ären Job ass et de Grupp opzebauen.
5. *Encouragéiert a sot Merci.* E Wuert vun Encouragement a vu Merci hëllef vill. Besonnesch déi Jugendlech kënnen sech fragil a genéiert spieren a brauchen e positive feed-back. Maacht deenen déi gekacht hunn Komplimenter, sot deene Merci, déi gebotzt hunn, a stäerkt déi, déi emotional betraff waren.

Wat een net maache soll

1. *Schwätzt net déi ganz Zäit.* Sëcher, Dir kënn Är eegen Erfarunge matdeelen, wann dat dem Gespreich eppes bréngt, awer versicht de Participanten d'Wuert ze ginn, hirer Geschicht an hire perséinleche Froen.
2. *Deelt net nëmmen Informatiounen mat, awer deelt eng Visioun.* Eng einfach Informatioun huet kee Wäert. D'Schönheet vun eisem Glawe besteet doran, dass si eis an eng dynamesch Relatioun mat Gott bréngt, deen eis gären huet!
3. *Bréngt d'Leit net a Verleeënheet, besonnesch net am Ufank.* Et ass net fir jiddereen komfortabel ëffentlech ze bieden oder iwwer seng perséinlech Meenung fir ze schwätzen. Dir kënn och ëmmer e Fräiwëllege froen. Wann an Ärem Grupp een deen aneren besser kennt, kënn Dir op eng léif Manéier méi schei Memberen encouragéieren ze schwätzen.
4. *Gebraucht de Jargon vun der Kierch net ouni Explikatiounen.* Wieder wéi Eucharistie, Gnod a Sënd sinn net jidderengem geleeft. #TwGOD besteet doran de Glawe kennen ze léieren, net doran sech ausgeschloss ze villen, wann een nach net alles weess.
5. *Sidd net decouragéiert wann Äre Grupp kléng ass.* Et ass Qualitéit net Quantitéit, déi zielt. Äre Grupp #TwGOD as eng sécher Platz, fir dass d'Mënschen no an no de Glawe fannen, an ass net eng Fabrick wou éischtklasseg Theologen zu Dozente gemaacht ginn.



Analyséiert d'Froen

Jee, no den Erfarunge vun de Participanten, misst eng Fro, wéi déi: « War de Jesus géint d'Fraen? » analyséiert ginn fir op eng fruchtbar Manéier am Grupp diskutéiert ze ginn (kuck [B.2](#)). Eng gutt Fro fir unzefänke wier: « Firwat frot Dir dat? ». E puer Ennerfroen wäerten op Iech zoukommen, wann Dir den Tweet Text wäert liesen, während Ärer Virbereedung. Am Fall vun Tweet 2.16, zum Beispill, wëllt Dir, dass Är Partizipanten iwwert dat nodenken, wat si vum Jesus wëssen: huet hie Männer anescht behandelt wéi d'Fraen? Gouf et Fraen déi Apostel waren? Firwat net? Si Mann a Fra an allen Hinsichte gläich? Wat kuckt d'Bibel? Sinn Ennerscheeder vun de Geschlechter wichteg?

Sief Dech selwer!

Déi wichtigst Reegel fir sech mat engem Grupp ze behuelen, virun allem mat engem Grupp vu Jonken, ass authentesch ze sinn: sidd Iech selwer! Sidd bereet vun Ärem Glawen an Äre perséinlechen Iwwerzeegunge matzedeelen. Sidd offe fir dat, wat Dir (nach) net wësst. Suergt awer derfir, dass Dir Äre Grupp net decouragéiert a sengem Sichen no Äntwerten op hir Froen. Dir kënn Är Zweiwel iwwert munch Ausweeër als net ubruecht fanne fir de Partage bei dëser Geleeënheet. Behaalt se fir de Moment wou Dir Äre Père spirituel begéint (kuck [TWEET 3.4](#) AN [4.6](#)). Versicht ëmmer positiv ze sinn!



Et ass haaptsächlech de perséinlechen Engagement an d'Iwwerzeegungskraaft déi aus dir e gudden Gruppeleeder mécht, sief du selwer an hief keng Angscht wann s de net all Äntwerte parat hues.



B.6 Wéi kann #TwGOD dat aldeegelecht Liewen vun de Participanten beaflossen?

De Message vum Jesus, d'Evangelium, ass net nëmmen geduecht fir gelies ze ginn; et ass bestëmmt fir gelieft ze ginn! Während de Sessiounen *Tweete mam HÄRGOTT*, entdecken d'Participanten net nëmmen den Härgott an seng onendlech Léift, awer och seng Kierch a säin Plang fir d'Welt. An esou besteet eng Verbindung tëscht Gott kennen, an Him an eisem aldeegelechten Liewen dengen. Fir dass dës Verbindung vun de Memberen vum Grupp gelieft ka ginn, hëlleft et, zesummen ze bieden an Baarmhärzegkeetswirker zesummen ze maachen. Awer vergiesst net och amusant Aktivitéiten ze maachen, well dat chrëschtlecht Liewen ass voller Freed.

Zousätzlech zum Léieren iwwert de Glawen, hun d'Gruppen vun #TwGOD dräi aner Komponenten: si bieden, si amuseren sech an si handeln mat Léift.

Gebiet

D'Gebiet ass wesentlech wann dir an der Gotteskenntnis wëllt wuessen, esou wéi de Glawen am Ufank vun all Relatioun steet. Dohier ass et wichteg all Versammlung mam Gebiet unzefänken an ofzeschleissen (KUCK TWEET 3.1) Et ginn och aner Weeër fir am Grupp zesummen ze bieden. Dir kéint zum Beispill zesummen an d'Mass goen oder Zäit vun Ubiedung virum hellegen Sakrament verbréngen. D'Participanten kënnen mat erageholl gin, doduerch, dass si hier Gebietsintention soen, sangen oder Musek maachen (KUCK ANHANG 5)

Have fun

Et ass net kathoulesch dauernd en eescht Gesiicht opzesetzen. Den Härgott ass net esou! Wa mir gleewen, dass Hien eis gären huet, dass Hien eis erléisst, da kënne mer och emol onbeschweiert sinn. Den Humor kann hëlleften eng déif a eescht Diskussioun méi interessant ze maachen. Duerfir soll all #TwGOD - Versammlung och en Element vu Spaass hunn.

Et kann oft ganz wichteg fir de Grupp sinn, eppes aneschtens zesummen ze maachen, nieft den #TwGOD-Versammlungen iwwert Froen déi mam Glawen ze dinn hunn. Fäert net fir erauszegoen an vill Spaass zesummen

Jesus, Gebiet an Temoignage

Jesus: « Wa mir drop lass ginn, mat eisen eegenen Arrangementen, mat anere Saachen, mat schéine Saachen, awer ouni de Jesus, da komme mer net virun, da geet et net. De Jesus ass méi wichteg. »

Gebiet: « D'Gesicht vum Härgott ze kucken, awer virum allem... sech bewusst ze sinn, dass Hien eis och ukuck. Den Här kuck eis un. Hien kuck eis vir d'éischt un. »

Temoignage: « De Glawen kann een nëmmen iwwert den Temoignage viruginn, an dat heescht an der Léift. Net mat eisen eegenen Iddeen awer mam Evangelium, ëmgesat an eisem eegenen Liewen, an zum Liewen an eis bruecht duerch den hellege Geesch. »

(DE POOPST FRANÇOIS ZU DEN NEIE BEWEEGUNGEN
18. MEE 2013)



ze hunn! Dir kënnt kuckgele goen, en Fousstour maachen, e Picknick oder e Barbecue, e Film kucken oder Gesellschaftsspiller maachen, egal wat. D'Zil ass een den aneren besser kennen ze léieren, nei Frëndschafte ze schléissen, a frou ze sinn Zäit zesummen ze verbréngen. Katholik ze sin, ass net langweilig! Dir wäert gesinn, doduerch dass der lëschtig Saachen zesummen maacht, wäerten och är Diskussiounsversammlungen méi lieweg ginn.

Mat Léift handeln

De kathouleschen Glawen besteet net nëmmen an engem intellektuellen Wëssen. Et ass ze hoffen, dass dat Wëssen, wat d'Participanten während de #TwGOD-Sessiounen kritt hunn, si derzou féiert an hirer perséinlecher Relatioun zum Jesus ze wuessen. Dës Frëndschaft mat Gott wäert derzou féieren, dass si méi eng Suerg fir déi aner hunn, an de Wonsch mat Léift deenen ze begéinen, déi et brauchen.

Et ass gutt zesummen Pläng ze maachen fir eng charitabel Aktivitéit mam #TwGODgrupp. Diskutiert zesummen, wou Dir aushëlleften wëllt: zum Beispill an engem Altersheem, do wou Iessen ausgedeelt get, oder an engem Nohëllefprogramm fir Kanner, déi net privilegiéiert sinn. Jidder Participant kann op seng Manéier derzou bäidroen. Dir kennt Iech Zäit huelen fir doriwwer ze diskutéieren, wéi jiddereen d'Aktivitéit erlieft huet. Dir wäert fannen, dass hir Häerzer an hir Perspektiven vun der Welt duerch dës generéis Aktivitéiten ännere wäerten.



Denk, biet an handel op eng positiv a freedeg Manéier. Dëst sinn déi wichtegst Bestanddeeler vun all #TwGOD Aktivitéit.

Deel C

Multipel Uwendungen vun #TwGOD

Aféierung

D'Buch *Tweete mam HÄRGOTT* huet sech ganz nützlich erweisen, an zwar eigentlech fir jiddereen, den eppes iwwer de Glawen héiere wëllt, besonnesch well et de Leit hëlleft, selwer driwwer nozedenken, wéi logesch de Glawen ass. D'Instrumenter vun #TwGOD ^(KUCK C.1) sinn esou gewielt, dat si vu Mënsche mat verschiddene Bedürfnisser an Erwaardunge benotzt kënnen ginn, entweder eleng oder an enger Grupp. D'Hauptzil ass d'Schëinheet vum kathoulesche Glawen ze weisen an de Leit ze hëllef, méi an eng Gottes-bezéiung eranzewuessen, an hire Glawen och aneren erklären ze kënnen.

De Programm eegent sech fir jidderee vun 12 – 13 Joer un, den ufänkt iwwer de Glawen nozedenken an Äntwerte sicht, et ass net néideg, vill grondleeënd Virkenntnesser ze hunn. Gemengt si Mënschen, déi kathoulesch wëlle ginn, a Mënschen, déi sech op de Wee maachen, fir d'Sakramenter vun der Daf, Firmung, Eucharistie oder Bestietnes ze empfänken. Et adresséiert sech och un Elteren oder aner Familljemembere vu Kanner, déi ufänken, schwierig Froen iwwer de Glawen ze stellen.

Esou riicht de Programm vun #TwGOD sech un all déi Leit, déi wëllen

- driwwer nodenken, wat si gleewen a firwat si gleewen
- méi iwwer de kathoulesche Glawen héieren a méi eng déif Bezéiung mam Jesus opbauen
- hire Glawe mat aneren deelen a fäeg ginn, op schwierig Froen ze äntweren
- hire Glawen un aner Leit als Geschenk weiderginn, wann si d'Buch #TwGOD weiterreechen.

An dësem 3. Deel vum Buch #TwGOD wëlle mir fir t'éischt méi Informatiounen iwwer d'Gesamtprojet matdeelen. Dann konzentréiere mir eis op speziell Gruppe vu Benotzer a weisen hinnen, wéi si mam Programm Äntwerten op hir Froe fanne kënnen.

Eis Absicht bleift ëmmer, de Mënschen op hirem Wee zu Gott ze hëllef an hinne Courage ze maachen, iwwer de Glawen ze diskutéieren. De Jesus sot: « E gudde Mënsch, mat engem Schatz am Häerz, schafft Guddes... well seng Wieder fléissen aus engem vollen Häerz. » ^(Lk 6,45) Duerfir kann en net de Mound halen iwwer dat, wat en wierklech gär huet. Am Fong geholl handelt #TwGOD iwwer d'Léift, déi grouss Léift, déi Gott fir all eenzele Mënsch huet.

Tweete mam HÄRGOTT heescht, sech an eng Relatioun vu Léift an en Dialog mat Him ze engagéieren, an ze versichen, deementspriedend ze liewen. Mir hoffen, dass d'Buch #TwGOD ville Mënschen hëlleft, d'Léift vu Gott fir si ze erfueren an hir Äntwert op déi Léift ze fannen. Hien waart mat grousser Gedold.

D'Team #TwGOD



C.1 Wat sinn déi 5 Instrumenter vun #TwGOD?

D'Buch *Twete mam HÄRGOTT* baséiert op 5 Instrumenter, déi jonk Leit an e Geeschtleche geschafen hunn: e Buch, eng Website, eng App, d'sozial Medien a Videofilmer. Déi Mëttelen hänke ganz enk zesummen.

D'Buch

D'Buch ka benotzt ginn, entweder eleng als Quell, fir de Glawen ze studéieren an ze verdéiwen oder als en Mëttel, fir a Gruppen den Dialog ze fërderen (KUCK B.1-B.6). Déi 200 Froen an Äntwerte sinn agedeelt a 4 Abschnitter; fir all Abschnitt huet e Bëschof eng Aleedung geschriwwen, déi Mutt mécht. Vun alle Mëttele gëtt d'Buch déi räichst Äntwerten op d'Froen. Et ass net néideg, fir d'Buch vu vir bis hannen ze liesen. Et kann een direkt déi Froen opsichen, déi een interesséieren. Hiweiser a Klammere féieren iech zu ähnleche Froen am Buch. Mir hoffen, datt Dir vill frou Stonne beim Liesen an Duerchbliedere vum Buch verbréngen wäert, genau esou wéi Dir et och online maache kënnt.

Website an App

Wat online ugeet: d'Sektioun « Méi liesen » um Enn vun de rechtse Säiten am Buch ass direkt verbonne mat der Sektioun « Weisheet an der Kierch » duerch eng besonnesch Internetsäit, déi sech op den Tweet bezitt. D'Sektioun « Méi liesen » mécht de Lieser opmierksam op wichteg Informatiounen vum YOUCAT, dem *Katchësses* vun der *kathoulescher Kierch* an de *Compendium*. Déi speziell Säit fënnt een, wann een um Site www.tweetingwithgod.com navigéiert oder wann een d'App Smartphone gebraucht. D'Websäit weist och hin op ähnlech Texter vun verschidde Peepst a Kirchenväter. D'Sektioun « Méi liesen » ass duerch ee wonnerbart Mëttel, fir de Glawen ze verdéiwen.

Sinn nei Froen zum Buch #TwGOD derbäi komm?

Genau wéi am Ufank vun #TwGOD (KUCK A.1) kréie mir elo nach ëmmer nei Froen iwwer de Glawen duerch déi verschidden d'Zorte vun de Medien: Twitter, Facebook, Mailen, op Pabeier ...

Membere vun eiser Team sammelen dës Froen, formuléieren kuerz a sënnavoll Äntwerten, déi mat engem Geeschtleche geschriwwen ginn an op Facebook gesat ginn. Wann et aus iergendengem Grond net gutt ass, eng Äntwert ze verëffentlechen, schécke mir si dem Froesteller perséinlech.



Et ass méi liicht, d'App ze benotzen, fir un d'Material vun de villen zousätzleche Lektüren ze kommen. Duerch Technik vun der Numerisatioun verbënnt den App de gedréckten Text mat der Säit vum Internet (KUCK B.1). Wann Dir d'Foto vun engem Tweet am Buch scannt mat dem Logo vun der Numerisatioun, fannt Dir iech direkt op der richteger Websäit vun der App erëm. D'App enthält och Texter fir d'Mass a vill Gebieder, disponibel a verschidde Sproochen, op Portugisesch, Russesch, Latäi bis Polnesch. Déi Texter maachen d'App zu enger d'Zort Liturgie a Beweegung an ee Gebietbuch fir mat op d'Rees ze huelen. Dozou hunn vill Geeschtlecher eis gesot, wéi vill d'App hinne gehollef hätt bei der Konzelebratioun vun der Mass oder wann si d'Beicht a verschidde Sprooche gehéiert hunn. D'App ass ganz nützlich, fir un d'Material vu « Méi liesen » ze komme mat ärer Grupp (KUCK B.2).

Sozial Medien a Video

Déi jonk Leit vum #TwGOD féieren verschidde Konte vun de soziale Medien, wou si sech mat anere Jugenden treffen. Si kréien Zitater, déi inspiréieren, Videofilmer, déi Mutt maachen, Informatiounen, déi opklären an amusant Quizer an dës Kulissen. Membere vun der Team huelen och Froen entgéint an äntwere mat Hëllef vum Père Michel. Well am Mëttelpunkt vum Projet #TwGOD sti jo d'Froen. Fir #TwGOD lieweg ze gestalten, weise mir Videoen, déi Leit aus verschidde Länner geschafen hunn. Dës Videofilmer kënnen einfach Chrëscht-agswësch bis zu schwiereren Erklärungen vu verschidden Aspekter vum Glawen duerstellen.



De Multimediaprojekt vun #TwGOD baséiert op 5 Pilieren, déi enk matenee verbonne sinn: d'Buch, d'Website, d'App, Sozial Medien, a Videofilmer.



C.2 Wéi kann ech #TwGOD benotzen als Virbereedung op Firmung?

Je nom Alter vun ärer Grupp, kënn Dir #TwGOD op verschidde Manéieren an der Virbereedung op Firmung asetzen. Déi jonk Leit vun 13 Joer un a méi, kënnen d'Buch selwer liesen (KUCK B.1 - B.6). D'Buch kann ze schwéier si fir Kanner, déi manner wéi 13 Joer hunn. Wann Dir also méi jonk Kanner an ärer Grupp huet, kënn Dir déi folgend Rotschléi beuechten: Et geet duer, wann Dir selwer déi betreffend Deeler am Buch liest an d'Informatiounen mat äre Wieder un de Grupp weidergitt. D'Buch ass och eng wonnerbar Referenz, fir Äntwerten op schwiereg Froen ze fannen.

Curriculum

D'Programme fir d'Firmung ënnerscheeden sech vun engem Bistum zum aneren. Obscho mir iwwerzeegt sinn, dat alles wat een iwwert Firmung wësse soll, am #TwGOD steet, schloe mir iech vir, dass Dir d'Richtlinne vun ärem Bistum nokuck, fir ze wëssen, wat fir eng Froen Dir behandle sollt. Awer op alle Fall sinn d'Froen vun ärem Grupp ganz wichteg. Wann Dir mat de jonke Leit iwwer Theme schwätzt, déi si interesséieren, passen si op an erënneren sech un dat, wat Dir sot. Dëst Buch enthält Themen, déi fir Virbereedung op d'Firmung virgeschloe goufen (KUCK ANHANG 6). Natierlech kënn Dir Gespréichsthemen deelweis vun de gestalte Froen an der Grupp ofhänke loossen. Wat de Grupp méi jonk ass, wat de Leader méi gefuerdert ass, als Animateur an als Vermëttler vum Wëssen ze handeln.

Spill a léier

Am Fall wou de Grupp zimlech jonk ass, wäert et net méiglech sinn, déi ganz Sessioun mat Diskussiounen ze fëllen. Dann musst Dir spilleresch Aktivitéiten virgesinn, vläicht och Sport. Mir presentéieren iech e puer Iddien (KUCK DAT ENCADRÉIERT; ANHANG 2 AN 3) an Dir kënn äre ege Virschléi abringen. Et ass ideal, wann d'Aktivitéit oder d'Spill hëllefen, de Sujet besser ze verstoen. Fir dëst Ziel ze erreechen, ass et och gutt, Aufgaben ze ginn: een Tweet ze liesen, ee Gebiet auswenneg ze léieren, ee Rapport oder eng Zeechnung ze maachen Den Afloss vum Thema op d'Liewe vun de Leit ass ganz wichteg. Et ass gutt, d'Iddi an der Diskussioun

Dialog mat engem Geeschtlechen

Père Michel: An menger Por war eng vu mengen Aufgaben ze hëllefen, d'Kanner op d'Firmung virzubereeden, zesumme mat enger Team vu Fräiwëllegen. Dat war ganz amusant. D'Kanner waren tëschend 11 an 12 Joer al a mir hunn ee Cours benotzt, de mir un eis Bedürfnissen ugepasst hunn. D'Versammlungen, un déi ech mech am beschten erënneren, sinn déi, wou mir op Froen vun de Kanner agaange sinn. D'Kanner selwer hunn och oft gesot, déi hätten hinnen am beschte gefall. Wat mech am meeschte beandrockt huet, ass d'Bemierkung vun engem klengen Meedchen: « Virdrun hat ech ni d'Chance, mat engem Paschtouer ze schwätzen. » Natierlech passen d'Froen heiansdo net zum Thema, awer ass et net besser iwwer eppes ze schwätzen, wat d'Kanner interesséiert a wou hir Ae vu Begeeschterung blénken, amplaz iwwer eppes ze schwätzen, wat si als langweilig ugesinn? Mir vergewësseren eis, dass um Enn vun der Virbereedungszeit déi Themen, déi d'Kanner kenne sollen, beréiert gi sinn. Ech si mir och bewusst, dass et vläicht schwéier ass, a bestëmmten Zäiten ze kucken, dass all Kand viru senger Firmung an 2 Sessiounen mat engem Geeschtlechen dialogéiere kann. Dat wär wirklech flott!



ervirzehiewen, wéi déi beschwate Gedanken an der Praxis sollen ëmgesat ginn, spéitstens soll dat an der Konklusioun geschéien. Wann kee Geeschtlechen am Team matschaft, soll Dir äre Paschtouer wéinstens eemol invitéieren, mat de Leit dialogéieren ze kommen.

Struktur vun enger Sessioun, fir d'Firmung virzubereeden:

- Ee kuerzt Gebiet am Ufank (wa méiglech vun engem Bedeelegten)
- Eng kuerz Zesummeffaassung vun der leschter Begéiung a vun den Aufgaben
- D'Gespréichsthema virstellen (eventuell duerch ee Bedeelegten)
- Froen an Diskussiounen am Grupp
- Eng Paus alees mat enger Erfrëschung
- Een ugepasste Spill proposéieren oder op eng spilleresch Aart a Weis de Sujet duerstellen
- Diskussioun am Grupp fir ze kucken, wéi Thema an de geliefte Alldag integréiert ka ginn
- Ee Schlussgebiet (wa méiglech an enger Kierch oder an enger Kapell)

Zesummen bieden

D'Zäit vum regelméisseg Gebiet ass wesentlech, fir ze weisen, dass de kathoulesche Glawe virun allem eng perséinlech Relatioun mat Gott ass. Et ass och een Aféieren zu verschidde Formen vu Gebiet (Luef, Veréierung, Fürbitten, de Rousekranz, Käerzen ufänken... Gebieder changéieren ass gutt. Et ass unzueroden, déi Hauptgebieder wéi Vater unser, Gegrüßet seist du Maria, de Credo regelméisseg ze bieden an auswenneg ze léieren.



Diskussioun vun den Tweets déi zur Virbereedung gehéieren an och vun de Froen, déi d'Leit am Grupp stellen: spillen, léieren, bieden.



C.3 Kann #TwGOD eng Virbereedung op Bestietnes oder op Daf ersetzen?

Fir d'éischt wëll ech soen, dat mir mat *Tweete mam HÄRGOTT* net d'Absicht hunn, iergendeppes ze ersetzen. Op ville Plaze ginn et ganz gutt Initiativen an de verschidde Beräicher vun der Kateches a speziell fir déi, déi sech op ee Sakrament virbereeden, op et Daf, Firmung, d'éischt Kommunioun oder d'Bestietnes ass. Op anere Plaze feelt eng organiséiert Virbereedung. Wann #TwGOD een Afloss huet op déi reliéis Formatioun vun de Leit an hinnen hëllef, de Glawen ze entdecken op hirem perséinleche Wee mat Gott, ass dat ganz flott.

Op alle Fall, #TwGOD huet sech als ee gutt Referenzwierk gewise fir Leit, déi a verschidde Forme vun der Kateches schaffen. Si kënnen d'Buch oder online Texter benotze fir een Thema, dat am Cours presentéiert ginn ass, ze verdéiwen a fir Äntwerten ze fannen op ganz vill Froen, déi beim Studium vu reliësem Material opgeworf ginn.

Virbereedung op Bestietnes

#TwGOD schwätzt oft vum Bestietnes, well et eng wesentlech Institutioun ass (KUCK TWEET 4.43 A 4.19 – 4.21); duerfir ass eng gutt Virbereedung wichteg. Gewéinlech begleet ee Geeschtlechen iech an der Virbereedung op de groussen Dag. Dozou kënn Dir och Tweets lesen iwwer d'Bestietnes, ouni dat grousst Bild vum Glawen aus den Aen ze verléieren: Gottes Léift fir eis (KUCK TWEET 1.27). Et wär och nützlich, déi aner Dealer vum Buch ze lesen, fir äert Bestietnes an de Plang Gottes fir d'Mënschheet ze setzen. Fir weider ze goen, kënn Dir 3 biblesch Texter lesen a mat ärem zukünftege Partner duerchdiskutieren. Den éischten Text ass d'Hochzäit zu Kana. (Jn 2,1–12): Ass et vu Bedeitung, datt de Jesus säin ëffentlecht Liewen op enger Hochzäit ufängt? Den zweeten Text behandelt d'Manéier, wéi bestuete Leit matenee solle liewen an sech een deem anere vertrauensvoll higinn (KUCK EPH.5, 21 – 31). Damme sollen sech elo net iergeren iwwer hir ënnerdëngeg Roll, mee d'Schicksal vun de Männer bedenken: Déi solle bescheide sinn, leiden a stierwe fir iech, esou wéi Christus et fir d'Kierch gemaach huet. Den drëtten Text geet iwwer Dauer vum Bestietnes (KUCK Mt. 19, 1–12); et ass een Engagement fir äert ganz Liewen.

“Mäi Wëssen iwwer de Katholizismus”

Ashley: D'Sessiounen #TwGOD hu mir gehollef, no an no de kathoulesche Glawen ze entdecken, wéi ech nach net zur Kierch gehéiert hunn. Et goufen esou vill Saachen, déi ech net iwwert kathoulesch Kierch wousst. Bei den Treffe vun all Woch mat anere Jugendlechen hunn ech Äntwerten op meng Glawensfroen kritt.

Op déi Manéier hunn ech vill iwwert Kierch a mäin Glawe geléiert. Vill Leit stellen sech Froen iwwer de Glawen, an ech fannen et wichteg, wann déi Froen éierlech beäntwert ginn. Glécklecherweis ass dat elo méiglech fir jiddere wéinst dem #TwGOD Projet.



Gott äntwert an der Bibel

Wann Dir iech virbereet, fir Katholik ze ginn a fir d'Sakramenter ze empfänken, ass Gebiet déi wichtegst Saach. D'Bibel kann iech och hëllefen ze bieden, awer beim Liese stousst Dir op esou vill Saachen, déi Dir net verstitt (KUCK TWEET 1.10 - 1.25). Dann braucht Dir ee Mënsch, den iech hëllef, sou wéi de Kämmerer den ënnerwee a senger Kutsch iwwer de Prophét Isaias gelies huet. Wéi hien den Apostel Philip getraff huet, frot den en, ob hie géif verstoen, wat e gelies hätt. De Beamten huet geäntwert: « Wéi kann ech verstoen, wa kee mech uleet? » Duerch d'Hëllef vum Philip huet de Beamte beschloss, sech deefen ze loosse.

Mir alleguer brauchen Hëllef an Ënnerstëtzung op eisem Wee mam Jesus. D'Roll vun engem spirituelle Begleeder, sou wéi den Apostel Philip, ass ganz wichteg (KUCK TWEET 3.4 AN 4.6). Wann Dir drun denkt, iech deefen ze loosse oder ee Katholik ze ginn, da schwätzt mat engem Geeschtlechen.

Wëssen iwwer de Glawen

Souguer wann Dir nëmmen äre Frënn erkläre wëllt, firwat Dir iech an der Kierch bestuede wëllt oder firwat Dir kathoulesch wëllt ginn, braucht Dir ee sachlecht Wëssen iwwer de Glawen. Dat wäert iech och hëllefen an ärer Relatioun mam Jesus, dat wat gleewe bedeit. Wëssen iwwer de Glawe wäert iech hëllefen, wichteg Entscheidungen ze treffen op der Basis vu béiden: dem Häerz an dem Verstand.



#TwGOD kann iech hëllefen, méi en wäite Bléck ze kréien a gutt virbereet ze si fir de groussen Schrëtt, den Dir am Gaang sidd ze maachen.



C.4 Wéi kann #TwGOD Elteren a Fimpätteren- a Giedelen hëllef?

Fäerts du d'Froen déi däi Kand, Patekand oder Enkel dir iwwert de Glawe stellt? Hues to Angscht virun deem Moment, wou däi Kand heem kënn vum enger Virbereedungsklass op e Sakrament? Verschidde Poren bringen et fantastesch fäerdeg fir d'Elteren anzubannen an dem Kand senger Virbereedung op d'Helleg Communioun oder d'Firmung. Op anere Plazen awer limitéiert sech d'Roll vun den Elteren dorop d'Kand an d'Klass ze bréngen a rëm ofzehuelen.

Froe beäntwerten

Hei kann #TwGOD eng Hëllef sinn! Als éischt kann de Programm en Referenz sinn fir all Zorte vu Froen iwwert de Glawen ze beäntwerten, egal bëi wat fir enger Geleeënheet. Andeems der d'Inhaltsverzeichnis, d'Website oder d'App benotzt, fannt dir d'Äntwerten op dem Kand seng Froen. Dir wäert ganz séier wëssen, wéi der schnell d'Äntwerte fannt. An dir léiert och nach selwer dobäi.

Ausserdem wäert der e Koup interessant Sujeten entdecken, andeems der #TwGOD benotzt fir Äntworten op bestëmmt Froen ze fannen. #TwGOD ass so opgestallt, datt dir vun engem Sujet op deen anere kënn surfen, geleet vun ärem Virwëtz. Schonns éier der d'Fro vun ärem Kand kennt, hutt der d'Äntwert schonns gelies.

« Ech sinn a menger Relatioun mam Herrgott gewuess »

Lodewijk: An de wöchentlechen #TwGOD Sätzungen, hunn ech vill iwwert de Glawen geléiert an och fir et a mengem ALLdag unzewenden. Ech krut eng gudd Kombinatioun vu Wëssen iwwert de Glawen a praktisch Uweisungen wéi ech am alldeegleche Liewen e gudd Chrëscht ka sinn. Mir hunn nämlech all Haapt Sujeten vum Glawen duerchgeholl an se ënnert der Leedung vum Père Michel diskutéiert. Ech hu geléiert, wéi ech de Glawen aneren ka bäibréngen an et selwer ze verstoen.

#TwGOD huet meng Relatioun mam Herrgott gefestegt a mech realiséiere gedon, datt de Fait a Chrëscht ze sinn, méi ass, wéi eemol d'Woch an d'Mass ze goen: et ass wierklech eng perséinlech Beziehung zum Herrgott. Ech sen dankbar fir dat Wëssen, dat ech an e sou enger kuerzer Zäit kritt hunn. Ech krut a Koup Material fir meng deeglech Rees mam Herrgott. Ech hoffen, datt ech all dat spéider mat menge Kanner deele kann!



Weider schaffen!

A Verbindung mat ärem Kand senger Virbereedung op d'Sakrament, kënn dir d'Sujeten, déi an deem Cours behandelt ginn, am #TwGOD noliessen. Op dës Manéier, gitt dir gudd virbereet fir mam ärem Kand iwwert de Glawen ze schwätzen. Dëst funktionéiert souguer besser, wann et mat engem Grupp vun Elteren oder Fimpätteren a Giedelen geschitt, déi zesummekommen fir no engem Léierplang vun #TwGOD ze schaffen, deen ähnlech ass fir de Kanner hire Cours. Ausser datt dir prett sidd fir schwéier Froen ze beäntwerten, ass dëst eng Chance fir mat aneren am perséinleche Glawen ze wuesse, andeems der versicht dat selwecht ze maachen (KUCK [B.1-B.6](#)). Jiddfer Por oder Diozes huet hiren eegene Léierplang fir d'Kanner drop virzubereeden d'Sakramenter ze emfänken. Wann dir d'Inhaltsverzeichnis vum Léierplang vun ärer Diozes mat dem Inhaltsverzeechnis vun #TwGOD vergläicht oder d'App oder d'Online Instrument benotzt, fannt dir séier rous wéi eng Tweet dir liese musst.

Traut eech eppes net ze wëssen

Wéi mir de Gruppeleeder soen, ass et net néideg fir Angscht ze hunn keng Äntwert ze wëssen (KUCK [B.5](#)). Kee Mënsch kann alles wëssen. Eppes net ze wëssen kann e gudden Ufank sinn vun engem gemeinsamen Abenteuer fir zesummen mat ärem Kand a vläicht souguer mat de Giedelen a Pätteren an de Grousselteren Äntworten ze sichen. Dir kënn schlussendlich ëmmer nach äre Geeschleche froen. Dëst alles si Geleeënheeten fir de Glawen ze deelen.



#TwGOD ka souwuel eng gudd Referenz sinn wéi eng Manéier fir sech selwer op Froen, déi eventuell kommen, ze preparéieren.



C.5 Wéi eng Roll kann #TwGOD an der Ökumen an am interreligiösen Dialog spillen?

Ökumen ass dat gemeinsam Sichen no Unitéit tëschent gedeelte Chrëschten (KUCK TWEET 2.12). Dës Deelung ass extrem bedauerlech an e Skandal; mir sinn all duerzou opgeruff fir mam Hellege Geesch zesummenzeschaffen an der Sich no enger erneierter Unitéit.

Op der Sich no der Wouricht

Mir sollten awer oppassen, fir néischt vun der Wouricht iwwert den Herrgott ze verléieren. Wa mir wierklich gleewen, da gëtt et nëmmen eng Wouricht (KUCK TWEET 1.8), wierklich Ökumen bedeit, datt mir dat wertschätzen, wat mir als Wouricht an der Tradition vum der Kierch kritt hun. Also bedeit Ökumen net, datt mir einfach dat opgräfen, wat eis un deene verschidde Chrëschtliche Traditionen gefällt, well dat géif bedeiten, datt de Glawen just eng Geschmackssach wär. #TwGOD gouf vum engem kloeren Katholischem Standpunkt aus geschriwwen, trei den Traditionen an der Léier vum der Katholischer Kierch. Gläichzäitig hu mir versicht respektvoll vum aneren Traditionen ze schwätzen.

Katholiken an d'Chrëschten all

Mir sinn iwwerzeegt, datt jiddereen, deen un engem seriouxen ökumenischem Dialog bedeelegt ass, en zolitt Wësen vum Glawen vu senger eegener Kierch muss hunn, éier hien doriwwer ka mat anere schwätzen. Dës Wëssen dierf net nëmmen op extern theologesch Wëssen baséieren, mee och op de perséinleche Glawen an der Léift vum Herrgott an a senger Präsenz an eise Liewen.

Als Katholiken sollte mir permanent méi iwwert eise Glawen léieren, deen d'Basis vum eiser Verbindung mat Jesus Christus ass. De Projet #TwGOD kann de Katholiken hëllefen hire Glawen ze verdéiwen souwuel op intellektuellem wéi op perséinlechem Niveau. Mat dësem Wëssen an der Erfahrung vum eise Glawen als Basis, kënnen mir

Den Hellege Jean Paul II iwwert Ökumen an d'Wouricht

Ökumen beinhalt datt Chrëschtlech Communitéiten een deem aneren hëllere sollen, fir datt sämtlech Inhalter an all Ufuerderungen vum « der Ierlschaft, déi vum den Apostelen iwwerdroen gouf » an hinnen enthale sinn. Ouni dës, gëtt eng voll Gemeinschaft ni méiglech... An dëser couragéierter Rees zur Eenheet, verlaangen d'Transparenz an d'Besonnenheet vum Glawen vum eis, datt mir souwuel falschen Irenismus wéi och Gläichgëltekhet géigeniwwer de Kierchliche Veruerdnungen vermeiden. Op där anerer Säit, verlaangen déi selwecht Transparenz a Besonnenheet vum eis en hallefhäerzegen Engagement fir d'Eenheet ze verwerfen...

Fir eng Visioun vum der Eenheet oprecht ze erhalen, déi all Usproch vum offenbaarter Wourecht a Betuecht zitt, heescht net, datt der ökumenescher Bewegung eng Brems soll gezu ginn. Anerersäits heescht et ze verhënnern, fir scheinbar Solutiounen ze huelen, déi net zu festen an zolitten Resultater féieren. D'Obligaoun fir d'Wouricht ze respektéieren ass absolut néideg. Ass dat net d'Gesetz vum Evangelium?

(JEAN PAUL II, ENCYCLIQUE *Ut unum sint*,
MEE 25, 1995, 78–79).



ufänken d'Glawensusiichten vum eise Chrëschtliche Glawensbrüder op der Sich no Eenheet ze studéieren. Dat selwecht gëlt fir Chrëschten vum anere Konfessiounen: nodeem si hir eege Glawensusiichten studéiert an erlieft hunn, kann den #TwGOD Programm hinnen hëllefen fir dat Wesentlech vum der Kathoulescher Siicht ze erfassen. Sou ee geesäitegt Verständnis vum deem, wat fir eis all wichtig ass, ass wesentlech fir en Dialog, deen souwuel wouer ass fir eise eegene Glawen an open fir d'Usiichten vum aneren (KUCK A.2).

Interreligiösen Dialog?

Dack verwiesselen d'Leit Ökumen mat interreligiösem Dialog. Dës ass awer net dat selwecht. Dialog tëschent Katholiken a Protestanten oder Orthodoxen baséiert op deem selwechte Glawen un d'Erléisung duerch Jesus Christus, wat wesentlech fir eis all ass. Dës gemeinsame Faktor fehlt am interreligiösen Dialog, deen dierf net ausgeriicht ass op en komplett Eenheet a Christus hinzuschaffen.

Den Dialog mat Verrieder vum anere Reliounen bleift éischer um Niveau vu géigesäitigem Respekt an dem Wonsch fir a konkreten, karitative oder politesche Projeten zesummen ze schaffen. Fir datt awer e richtigen Dialog soll entstoen, ass d'Wëssen vum eise eegene Glawen an op mannst eng Iddi vum Glawen vum där anerer Persoun unabdingbar. Hei kann #TwGOD nees e wertfullt Instrument sinn fir dës Wëssen ze kréien.



Nëmm wann ee weess, wat ee gleeft, kann een mat aneren doriwwer schwätzen, andeems ee respektéiert wat verschidden ass an dat deelt wat ee gemeinsam huet.



C.6 Wéi dréit #TwGOD zu der Neuevangeliséierung bäi?

Mir liewen an enger Zäit vu grousser Méiglechkeeten mee och groussen Erausforderungen. Haut gesäit et bal esou aus, wéi wann de Mënsch ëmstand wier alles ze ënnerhuelen an ze maachen, sufar hien déi finanziell Mëttelen dofir huet. Vill grouss Entwëcklungen goufen erledigt. Gläichzäitig ass et wichteg, fir mat der Quell vun eiser Mënschlechkeet verbonnen ze bleiwen an dat gréissert Bild am Aen ze hunn (KUCK TWEET 1.27). Doriwwer nozedenken féiert zu ville Froen. Andeems een Äntwerten zu de souguer brenzleche Froen iwer de Glawen gëtt, hoffe mir mat #TwGOD zou enger Generatioun vu Gleewege bäizedroen, déi gläufwierdeg, selbstbewusst Zeien vun der Botschaft vu Christus sinn—net an éischter Stell, well se vill iwwert de Glawen wëssen, mee well se eng perséinlech Verbindung mam Jesus hunn, deem si opriffen ze handeln. Mir sinn eis bewusst, datt mir all Mëttelen notze mussen, déi gëeegent modern Medien abegraff, fir d'Botschaft vun der Léift ze verbreed. Déi lescht Peepst hunn all opgeruff zu enger erneierter Erklärung vum Glawen, zu enger Neievangeliséierung (KUCK TWEET 4.50).

Dat aldeeglecht Liewen


Obschonn se well vu Jesus Christus héieren hunn, gesi vill Leit net an, wéi hie méiglecherweis relevant an hirem deegleche Liewe ka sinn. #TwGOD geet eraus fir hinnen op deene Plazen ze begéinen, wou si e groussen Deel vun hirer Zäit verbrennen: op hire Computeren oder Telefonen. Duerch déi verschidden Instrumenter vun #TwGOD tools (KUCK C.1), gëtt de Glawen en integralen Deel vun de Medien, déi si benotzen.

An d'Welt eran

Iwwer de Glawen léieren ass wichteg, mee de Glawen duerf sech net op d'intellektuellt Wësse begrenzen. Just de Géigendeel! Mir kënnen net iwwert de Glawen, d'Hoffnung an d'Léift schwätzen, ouni si an d'Pra-

« Meng Verbindung mam Herrgott ass méi staark ginnr »

Gerard: Jiddereen kënnt op de Punkt a sengem Glawen, wou en ufänkt sech ze froen ob dat, wat d'Bibel léiert, wouer ass oder net. Et fänkt een u sech Froen ze stellen an dacks fënnt ee selwer keng Äntwert. Ech war glécklech, datt #TwGOD an dësem Punkt vu mengem Liewen gegrënnt gouf. Bannescht dësem Grupp hunn ech zesummen mat menge jugendleche Frënn meng Froen mam Père Michel duerdiskutiert. Andeems mir iwer dës Froen zesummen nogeduecht hunn, hu mir Äntwerte fonnt, déi mir aleng selwer ni fonnt hätten. Ausserdeem si Froen gestalt ginn, déi ech mir selwer ni gestalt hätt an iwwer déi ech ni nogeduecht hätt. No e puer #TwGOD Sätzungen hat ech d'Gefill, datt meng Relatioun mam Herrgott gefestegt gouf an datt et méi einfach war zu him ze bieden. Et fällt mir lo, a mengem deegleche Liewen méi liicht fir de Leit ze erklären firwat datt den Herrgott wichteg ass fir mech, währenddeems ech virdrun Schwierigkeeten gehat hätt fir dat ze maachen.



xis ëmsetzen. All Chrëst ass duerzou beruff fir an d'Welt ze goen a säin Noper esou gär ze hunn, wéi de Jesus eis gär huet. D'Helleg Schrëft kuckt eis, wéi hie speziell present ass bäi deene Mannerbemëttelsten an eiser Gesellschaft: déi Aarm, déi ouni Heem, déi Behënnert, déi Eeler, déi Onglécklech (Mt. 25,31–46). Well mir léieren wéi mir eis selwer matdeele kënnen, loosse mir och dat deelen, wat eis am deiersten ass, eise Glawen. Dofir war de Poopst Jean-Paul II (KUCK TWEET 2.50) e verwenten Affekot vun all erneiertem Effort fir ze evangeliséieren. Hie sot: « Et ass méi wéi je wichtig fir all Gleeweg vun engem Glawen, deem zur Gewunnecht gouf a vläicht just aleng opgrond vun de soziale Romenbedingungen erhale blouf, zu engem Glawen ze wiesselen, dee selbstbewusst ass a perséinlech gelieft gëtt D'Erneuerung vum Glawen ass ëmmer dee beschte Wee fir anerer zur Wourecht ze féieren, déi Christus ass » (JEAN PAUL II, ECCLESIA IN AMERICA, 22 JAN., 1999).

Tweet mam Herrgott!

D'Instrumenter #TwGOD sinn duerzou bestëmmt fir ze informéieren, ze encouragéieren an ze ënnerhalen. Nach ass #TwGOD keng magisch Formel: am Endeffekt kënnen eis Härzer zum Herrgott iwwertrieden. Hie schwätzt mat eis all an inspiréiert eis erauszegeen an eis Bridder a Schwëstereen ze begéinen, säi Wëllen fir eist Liewen ze befollegen, em Verzeihung ze bieden an ze verzeihen an nach vill méi ze maachen. Mir bieden datt #TwGOD ville Leit hëlleft fir dem Herrgott méi no ze kommen.



Andeems de Leit gehollef gëtt wat dat Wichtigst an hirem Liewen ass an Äntwerten op hir Froen ze fannen, hëlleft #TwGOD hinnen fir d'Evangelium ze proklaméieren.



Deel D

#Pilgerfaarten: Virbereedung an Ënnerstëtzung

Aféierung

Est #TwGOD Team – d’Team, wat *Tweete mam HÄRGOTT* erstellt – besteet haaptsächlech aus jonke Leit. Mir mengen all, datt et wichtig ass fir regelméisseg eraus ze goen an eisem Glawen bewosst Opmierksamkeet ze schenken: also hu mir un de Weltjugenddeeg deelgeholl (WJD), u Summer Campen, Pilgerreesen, Retraiten um Weekend, d’Lëscht ka weidergefouert ginn. Duerch eis Aarbecht fir d’ #TwGOD Team, si mir ëmstand d’Erfahrung vun eise Pilgerreesen an eist deeglecht Liewen afléissen ze loos an se mat anere jonke Leit ze deelen.

Déi folgend Säiten focusséieren sech drop, wéi een de Projet #TwGOD während der Virbereedung op Pilgerreesen wéi d’WJD notze kann a speziell, wéi een et als Suivi asetze kann. Hoffentlech sinn eis Erfahrungswerter och nützlich fir aner. Mir hu selwer festgestallt, wéi eng Differenz eng gutt Virbereedung an en zolitte Suivi fir eis Gleeweg an eisem deegleche Liewen ka sinn, wat sécherlich net ëmmer einfach ass!

Dir kënnt och d’Suggestiounen an d’Erfahrungen, déi mir hei deelen, fir aner Geleeënheeten notzen, wann dir weenst ärem Glawen reest, sief et bei enger Pilgerrees op Lourdes, e kathoulesche Jugendcamp oder d’Visite vun engem Heiligtum: ëmmer rëm hu mir gemierkt, datt d’Participanten e Koup Froen iwwer de Glawen an hir Verbindung mam Herrgot a mat anerer Leit hunn.

Während der Virbereedung op esou eng Rees, kënnt dir d’Buch *Tweete mam HÄRGOTT* notzen fir Diskussiounen ze leeden, z.B. iwwert d’Sakramenter and d’Liturgie an, je nom Zil vun der Pilgerrees, och iwwer Reliquien a verschidde Manéieren fir ze bieden. Duerno wär et gutt eech mat ärer Grupp een oder zwee Mol ze treffen fir eech auszetauschen a Fotoen ze kucken. No dëse Sëtzungen, kënnt dir de Grupp opmaachen fir aner jonk Leit. Geleet duerch hir eege Froen iwwert d’Liewen an de Glawen, kënnen si de kathoulesche Glawen weider entdecken.

Fir vill vun eisen Team Memberen waren d’WJD an aner Reesen déi ee Besuch zum Glawen haten wichtig Ursaachen fir unzufänken hire kathoulesche Glawen aktiv ze liewen. Den Iwwergank vun engem groussen Glawensfest op dat deeglecht Liewen ass eppes, wat eis all Dag beschäftegt. Mir haten d’Glück fir e Grupp vu jonke Leit ze fannen, duerch déi mir eis ënnerstëtzt gefillt hunn an inspiréiert fir als Chrëschten ze liewen. Gläichzäiteg gesi mer, datt net all jonk Leit sou e Grupp wéi eisen an hirer Communautéit hunn. Mir wënschen all eise Jugendlichen datt se vun der Kierch an hirer perséinlecher Rees mat Jesus encouragéiert ginn.

D’Team #TwGOD



D.1 Wéi kann #TwGOD hëllef Pilgerfaarten mat der Jugendpastoral ze verbannen?

Du héiers vläicht Leit iwwer Pilgerreesen ewéi d'Weltjugenddeeg kloen, dass dat nëmmen e kuerzen Event ass, dee weder Wuerzelen am deegleche Liewe vu jonke Gleewegen nach an der Kierch huet. Dës Kritik ass berechtigt, wann déi Jonk einfach deelhuefen an heemkommen ewéi aus iergendenger Vakanz. Wéi och ëmmer, wann d'Pilgerrees mat Leidenschaft virbereet a gelieft ginn ass, da muss se e groussen Afloss hunn op d'Jugendpastoral. Et ass eis eegen Erfahrung, a si gëtt vu ville gedeelt, dass déi, déi mam Häerz derbäi sinn, net onverännert kënnen zrëckkommen. Mir hunn zesummen e puer Beispiller gesinn an hu vu jidderengem eppes anescht mat heembruecht.

Méi ewéi just en Event

Fir dass eng Pilgerfaart nohaltig ass, sinn esouwuel e Virbereedungsprogramm wéi e Suivi duerno noutwendeg. Op ville Plaze si Virbereedungsprogrammer, déi mat vill Begeescherung vun den Teilnehmer opgeholl gi sinn, opgestallt ginn. Verständlecherweis gouf den Akzent op d'Schafe vun engem Pilgergrupp an op d'Preparatioun fir zesummen ze reese, geluecht. Leider geet et beim Suivi net méi wäit ewéi ëm Tausche vu Fotoen an et kann eng Presentatioun fir Sponsore sinn.

Tweete mam HÄRGOTT (#TwGOD) kann eng grousst Instrument bei der Verbereedung vun der Rees sinn a besonnesch, wann déi Jonk bei der Heemrees hir Erfarunge mat Gott an deenen anere Pilgerfrënn wëlle verdéiwen. #TwGOD kann hëllef dass sech d'Erlebnis vum Pilgeren wierklech am Alldag verwuerzelt.

Fir dass dat geschitt, ass et wichteg, dass de Pilgergrupp sech net verschléisst, mee sech a scho bestoend Strukturen integréiert oder an neie pastorale Virschléi evoluéiert, awer ëmmer op fir nei Memberen. Op deene folgende Säite gesäis du, dass dat hei d' #TwGOD Aart a Weis ganz no erëmspigel.

Virbereedung a Suivi

Père Michel Remery: » No menger Erfahrung kënne esou wuel d'Virbereedung op d'Weltjugenddeeg an dee folgende Suivi ganz fruchtbar sinn fir dat pastoraalt Liewen an der Por an an der Diözes. Déi zwee si ganz wichteg fir dass d'Weltjugenddeeg e Stéck vum deegleche Liewen mat Jesus an der Kierch kënne ginn.

Esou gounge mir z.B. mat 100 Jonken aus eiser Por an Holland an aus Surinam op d'Weltjugenddeeg op Madrid nodeems mir äis dräi Deeg virdrun dorop virbereet haten. Schonn eleng déi dräi Deeg haten e groussen Impakt esouwuel op déi jonk Teilnehmer ewéi och op déi aner Leit aus der Por, well si hunn al zesumme geschafft fir aus dësem Ereegnes e grouss Erfolleg ze maachen. Desweideren hunn d'Virbereedung an de Suivi mat de jonke Leit zu villen neien Initiativen an der Jugendpastoral a an der Por gefouert, déi vun deene Jonke selwer initiéiert gi waren.



Froen

De Poopst François kuckt: « D'Jugendpastoral muss déi Froen ugoen, déi di Jonk vun haut sech stellen a vun dem Ausgangspunkt aus e wierklechen a éierlechen Dialog fëieren fir Christus an hiert Liewen eranzebréngen. An e wahrhaftigen Dialog an dem Sënn kann erreicht ginn bei deenen, déi eng perséinlech Relatioun mam Här Jesus erfueren hunn, déi dann eriwuerfleisst an hir Relatioun mat hire Bridder » (11 DEC. 2014). Et ass genee dat, wat #TwGOD wëllt maachen. All Pilger, dee sech op d'Rees virbereet, huet seng oder hier Froen, déi dann esouguer nach méi zahlreich ginn während an no der Pilgerfaart. Sou, firwat net hier Froen an den Zentrum vun Ärer Pilgerfaart setzen an an är ganz Jugendpastoral?

Kapp, Häerz an Hänn

Är Jugendpastoral huet als Aufgab, jonke Leit ze hëllef, hier Relatioun mat Gott, mat sech selwer a mat de Leit ronderëm ze verdéiwen an esou mëndeg Erwuessener op all Manéier ze ginn. Et sinn déi zwou Saachen: Begleedung an Erziéung.

De Poopst François huet emol gesot. » a gudden Erziéier traue sech Studenten esou ze beléieren, dass se op eegene Féiss stinn ». Hien huet derbäi gesot, dass Erziéung de Kap, d'Häerz an d'Hänn mat abezéien, an dobäi mussen déi dräi an Harmonie matenee sinn (25 Nov. 2015). Dës dräi Prinzipien fänne mir an der Manéier vun #TwGOD erëm: denk, biet an handel (KUCK D.2).



#TwGOD kann eng grouss Hëllef fir d'Virbereedung an de Suivi vun enger Pilgerrees sinn, andeem se mat der pastoraler Aarbecht an der Por verbonne gëtt.



D.2 Kënnen d'Prinzipie vun #TwGOD och fir d'Weltjugenddeeg ugewand ginn?

D'ei dräi Schlësselkonzepter vun *Tweete mam HÄRGOTT* sinn och de Schlëssel esouwuel fir d'Jugendpastoral ewéi fir d'Weltjugenddeeg. D'Reiefolg kann ënneren, mee déi dräi Konzepter bleiwen déi selwécht : #TwGOD lued d'teilnehmer an ze denken, ze bieden an ze handeln (KUCK [D.1](#))

Denk

Vill Erfahrungen um Wee op d'Weltjugenddeeg bidden deene jonke Pilger Stoff fir nozedenken: net nëmmen déi spirituell Impulser vum Poopst an de Bischöfen an hire Kathechesen, d'Priedegten an d'Konferenze vun hiere Geeschtléchen, mee och d'Gesprécher an den Austausch mat hieresgläichen. Dës Srfahrungen hëllef vill hiere perséinliche Glawen ze verdéiwen, besonnesch, wann d'pilger gutt virbreed sinn an hunn zesummen e puer Elementer iwwer de Glawen an Kierch studéiert, ier se hier Pilgerreess ugetrueden hunn. Op der Heemreess vun de Weltjugenddeeg, kënnen d'Pilger e staarkt Bedürfnis hunn iwwer hier Froen a Gedanken zum Glawen ze schwätzen. Et ass do wou déi « gewéinlech » Jugendpastoral misst uknäppen, obschon dës net wierklech onofhängeg vun der oastoraer aarbecht bei de Weltjugenddeeg ka gesi ginn (KUCK [D.1](#)). #TwGOD ass eng grouss Hëllef fir an den Dialog iwwer d'Froen vun de jonke Pilger eranzekommen. Hei ënnenfrënner fann dir e komplette suivi-Programm fir o de Weltjugenddeeg, den um Projet vun #TwGOD baséiert (KUCK [D.4-D.6](#) AN ANHANG [7](#)).

Bied

D'Weltjugenddeeg si méi ewéi nëmmen eng Vakanz: et ass eng Pilgerfahrt (KUCK TWEET [3.17](#)). Déi deeglech Momenter vu Gebied muerges an owes, déi deeglech Eucharistiefeier, dee Moment vum Stellt am Zelt vun der Anbetung, dat si wesentlech Schrëtt fir selwer léieren ze bieden. Wann d'Gebied en Deel vun der Virbreeding war,

Friemer an d'Äerm huelen

D'Marguerite: « Bei de WJD spillen denken, bieden an handeln eng grouss Roll. Als alleréisch ass schon d'Denke gefrot beim deeglechen Nolauschtere vun de Bibeltexter. Et ass wierklech derwäert, dropp opzepassen an dës Geleeënheet ze notzen fir méi iwwer de Glawen ze erfueren. Du kanns och mat denge Glawenfrënn iwwer deng Lektüre schwätzen. Et ass nëtzlech besonnësch fir d'äin deeglecht Liewen no de WJD. An dir iwwer eraus gëtt vill zesumme gebied, Woubäi den Héichpunkt d'Mass am Poopst ass. Dat war ganz extra! Bei de WJD aktiv sinn, erënnert mech gläich un déi Leit déi mat engem Schëld ronderëm lafen a wou dropsteet: « Gratis léif gedréckt ginn ». Bei de WJD hues du Saachen maachen, fir déi s du normalerweis keng Méiglechkeet hues : Friemer an léif drécken a Frëndschaften schléissen mat Katholiken aus der ganzer Welt... An natierlech dem Poopst begéinen. »



dann hëllef dat fir dass d'Pilger wësse, wat bei de Masseveranstaltungen vun de Weltjugenddeeg geschitt an et hëllef hinnen sech dem Gebied unzeschléissen amplaz dauernd ze babbelen iwwer dat, wat si gesinn. Bei der Heemreess braucht dës Erfahrung Verdéiung. Engersäits assperséinlech spirituell Begleedung néideg, anerersäits ass et nouwendeg, d'Geied an den Ensembl vun der Jugendpastoral anzubauen. Et ass genau dat, wourop d'Approche vun #TwGOD aus ass.

Handel

Ouni gutt Wierker assd äi Glawen doud. (Jas. 2,26; KUCK TWEET [4.8](#)). E wichtegt Element vum Pilgeren op d'Weltjugenddeeg ass déi Tatsaach, dass dir dës reess zesummen ënnerhuel. Esou entdecken d'Pilger, dass mir als Mënschen net nëmme fir äis eleng lieve kënnen, mee, dass mir och fir anerer mussen do sinn. Wa mir soen, dass mir um Jesus säi Message vu Léift a Suerg gleewen, da sollt dës Glawen och siichtbar ginn an deem, wat mir maachen. #TwGOD ass net nëmmen eng intellektuell Stimulatioun, mee e Wee fir eise Glawen an eist Liewen ze integrieren. De Kapp, d'Häerz an d'Hand géheieren zu där selwéchter Persoun a mussen an Aklang matenee schaffen, fir dass mir eis selwer kënnen sinn. Doduerch dass mir anerer iwwerall do hëllef wou et méiglech ass, léiere mir méi iwwer eis selwer, eis Froen an iwwer eis Relatioun mat Gott. Et ass eng déif chrëschtlech Aufgab. Duerfir huet #TwGOD ëmmer praktesch Elementer am Programm, esouwuel a Verbindung mat de TJD ewéi mat hierem suivi.



Denke, bieden an handeln sinn dräi Prinzipien, déi erfollgräich beim Organisieren vun der Virbreeding a vum suivi vun de WJD kënnen ugewand ginn.



D.3 Wéi een sech virbereede ka fir eng Pilgerrees mat #TwGOD?

Eng gutt Virbereedung ass de Schlëssel dofir, dass d’Pilgerrees en undauernden Afloss kritt (KUCK [D.1](#) AN [D.2](#)). Mee wouriwwer solle mir am Ufank diskutéieren? Am beschten ass et, et fänkt ee mat de Froe vun den Teilnehmer un (KUCK [B.1-B.3](#)). Gläichzäitig wëlls du, dass dāi Grupp elementaart Wëssen iwwer d’Kierch an d’Liturgie während der Rees huet. Dat géi vill Hëllef fir hier Gespréicher mat Gläichaltregen ze verstoen, méiglecherweis aus anere Kontinenter an och fir am Programm a bei der Liturgiefier matzekommen.

D’Kierch

Froen ewéi: « Wéi geet dat fir Poopst ze ginn » oder « Wat fir Zorte vu Mënnch, Schwëstere a Brëdder gëtt et? » kënnen e gudden Ufank si fir en Dialog iwwer déi siichtbar Kierch (KUCK TWEET [2.4](#) AN [2.9](#)). Oder de Grupp fänkt mat méi delikate Froen un iwwer d’Geschicht vun der Kierch mat ellene Kapitele wéi d’Kräizlich an d’Inquisition (KUCK TWEET [2.31](#) AN [2.32](#)). Dat alles ass wichteg fir en Dialog iwwer d’Roll vun der Kierch unzefänken.

Egal wéi een ufänkt, nëmmen intellektuell Wëssen iwwer d’Kierch ass net genuch. Als éischt ass eng Pilgerrees eng Erfahrung doriwwer, wéi mir all zesumme Kierch sinn. Dat biblescht Bild vun der Kierch als dem Läif vu Christus kann dobäi vill Hëllef (KUCK TWEET [2.1](#) AN [2.12](#)). De Jesus ass de Kapp a mir sinn d’Glidder vun engem eenzege Kierper: all Glidder sinn néideg, fir dass de Kierper komplett ass, wéi onbedeitend och ëmmer e puer vun dese Glidder an den Ae vun anere kënnen schéngen.

D’Liturgie

Während Pilgerreise wéi d’WJD gëtt d’Liturgie oft als ganz verschidden erfuer vun där doheim. An tatsächlech, d’Chéier si méi grouss, d’Musek ass anescht an esou ass et och mat den Assembléeën. Mee d’Haaptsaach vun der Liturgie, déi perséinlech a gemeinschaftlech Begéinung mat Jesus Christus ass hoer genau dat selwecht. An esou ass et och mat der Roll vum Zëlëbrant, ob dat e Priister, e Bëschof oder e Poopst ass! Et hëllef den Teilnehmer vill wann si eppes wëssen iwwer d’Liturgie vun der Kierch, besonnësch iwwer d’Fier vun de Sakramenter vun der Eucharistie an der

D’Par mat abezéien

D’Madame Severijnen: Ech si keng jonk Persoun, mee d’Virbereedung vun de WJD a menger Por huet mir vill geholfen a mengem perséinleche Glawen an an där Manéier wéi ech d’Kierch gesinn. Et war immens fir während de Virbereedungsdeeg an der Por WJD Fräiwëllegen ze sinn. Tatsächlech huet d’Resultat vu vum Zesummeschaffe vu méi Nopeschporen en unhalenden Androck op vill Leit aus der Por gemaach. Esouwuel d’Begeeschtung vun de Jonke wéi och d’Leit aus der Por mat deenen ech vill geschafft hunn fir verschidden Ereegnisser virzubereeden, sinn ech a mengem Glawe bestärkt ginn an hunn nei Freed fonnt a menger Fräiwëllegenaarbécht. Ech si glécklech ze soen, dass ech net eleng si mat dëser Erfahrung.



Verséinung, so wéi si deene während der Pilgerrees begéinen (KUCK TWEET [3.38-3.39](#) AN [3.44-3.50](#)). Dës Virbereedung wäert hinnen och Hëllef d’Weiderfieren tëschent der Liturgie an hirer Heemechtspor an där während der Rees ze verstoen.

D’#TwGOD App kann an där Optik ganz Hëllef sinn. D’Haaptsaach vun der Liturgie ze kennen, hëllef fir d’Liturgie vun der Pilgerfaart net als en eenzelen Event ze erfueren, mee als eng weit an intensiv Erfahrung vun där selwechter Eucharistie doheim, wou si Christus a Persoun begéinen.

Virbereedungsprogramm

Et ass typesch fir eng Pilgerrees, dass d’Virbereedung e puer Méint virum groussen Ereegnis ufänkt. Dat erlaabt et fir e bësschen Zäit, een deen anere kennenzelieren, méiglecherweis zesummenzeschaffen déi néideg finanziell Mëttelen ze fannen a besonnësch duerch Sessiounen a Gruppen zesummen iwwer de Glawen ze léieren, Gebiet an Handeln. Dat alles sollt zum Virbereedungsprogramm gehéieren.

Tweete mam HÄRGOTT eegent sech gutt fir d’Virbereedung vun enger Pilgerrees. Tatsächlech ka ganz vill iergend enger Sessioun vun #TwGOD gläichen (KUCK [B.1-B.3](#)). Et ass de beschte Wee fir dāi Grupp fir Theme matzerappen, déi iwwer déi praktesch a finanziell Virbereedung vun der Rees erausginn. Et ass fir di all eng permanent Aluedung fir selwer mat *Tweete mam HÄRGOTT* unzefänken.



D’Virbereedung vun der Rees kann Hëllef ze entdecken wéi d’Kierch an d’Liturgie dech an dāi perséinleche Wee mam Jesus ënnerstëtze kann.



D.4 Wat ass no der Pilgerrees ze maachen?

Jiddereen, dee mat Jonke schafft weess, dass d'Deelhuelen un enger Pilgerrees ewéi d'WJD eng Erfahrung ka sinn, déi engem sai Liewen ännert. Als solches kann et e groussen a positiven Afloss op déi deegleche pastoral Suerg an ärer Por oder Diözes hunn. De Poopst François kuckt: » Wéi schéin ass et ze gesinn, dass jonk Leit pilgernd Missionare sinn, déi voller Freed de Jesus an all Strooss, all Plaz an der Stad an an all Eck vun der Welt bréngen! » (EVANGELII GAUDIUM, 106).

Et ass eng groussaarteg Beschreiwung vu ville vun deene jonke Leit, wann se z.B. vun de WJD heemkommen an déi versichen als gutt Chrëscht Suerg ze weise fir déi Leit ronderëm si. Wa si mat Begeeschterung iwwer hier Erfahrung an hier Begéinung mat Christus schwätzen, da sinn si ganz staark an iwwerzeegend Verbreeder vum Evangelium. Op dës Manéier hunn d'Pilgerfahrten e ganze Koup bäigedroen zu der Nei Evangeliséierung zu där all rezent Peepst opgeruff hunn (KUCK TWEET 4.49).

Zréck zur Normalitéit?

Mee wéi kann een déi eenzegaarteg Erfahrung während der Pilgerfaart mat dem Alldag an der Jugendpastoral verbannen? D'Erausfuerderung fir jonk Leeder besteet doran de jonke Pilger ze hëllefen hier Erfahrungen an hiert deegleche Liewen ze integréieren, wann si nees doheem sinn. Well si e puer intensiv Deeg oder Woche mat Leit ënnerwee waren, déi déi selwecht Iddien a Gedanken hunn ewéi si, hunn déi Jugendlech a jonk Erwuessener oft eng schwéier Zäit fir hiert Liewen doheem nees unzepassen. Et ass net esou schwéier all Dag an d'Mass ze goen, wann dat Deel vum Pilgerprogramm ass, mee doheem waarden nees d'Schoul, d'Aarbecht an aner Aktivitéiten. Ähnlech ass et och méi liicht virun all Iessen ze biede wann s du vun dengesgläichen emgi bass, déi dee selwechte Glawen deelen ewéi wann s du bei ongleewege Studenten oder Familljememberen um Dësch sëtzt.

Hier Froen

Wann s du gär géifs den Dialog, dee während der Pilgerrees stattfonnt huet och doheem weider-fëieren, da geet dat am beschten, wann s du mat de Froe vun de Gruppememberen ufänks. Am Ufank kënnen déi sech

Kee Fortschrëtt ouni Suivi

De Rowy kuckt: « Ech war e « reegelméisegen » Kierchegänger: all Joer nëmme fir Chrëschdag. Fir mech waren d'WJD onheemlech opreegend an ech hat eng groussaarteg Zäit mat menge Frënn. Mee wéi ech heem koom, hunn ech realiséiert, dass ech vill méi Froen hat ewéi virdrun. Ech denken, dass wann no de WJD ne nach eppes vun #TwGOD proposéiert gi wier, dann hätt ech esou guer opgehale Chrëschdag an d'Mass ze goen. Meng Froe wieren onbeäntwert bliwwen an ech wier um Wee vum Glawen net weiderkomm. D'WJD sinn eng groussaarteg Erfahrung, während där s du dāi Glawe mat anere liefs, mee fir doraus en Deel vun dengem Liewen ze maachen, brauchst du e perfekte Suivis-Programm.



SCAN

haauptsächlech op d'Pilgerrees selwer bezéien, mee geschwënn kommen aner Froen op. D'Erugoe mat *Tweete mam HÄRGOTT* kann e groussaarteg Begleeder si fir dës Froen ze straffen an deene Jonken ze hëllefen, fir méi a méi an hirem Glawe verwuerzelt ze ginn. Esou ass d'Pilgerrees kengesfalls en eenzegt, mee eenzelt Ereegnis an hirem Liewen, a gëtt wierklech eng Erfahrung, déi d'Liewe verännert (KUCK D.1).

Déi grouss Majoritéit vun deene Jonken hire Froe kënn dir am Projet #TwGOD fannen. Well jiddereng vun dëse Froe vu jonken, aktive Leit kënn, handeln déi meescht vun de praktesche Säite vum chrëschtliche Liewen: Firwat soll een an d'Kierch goen? Wéi bidden ech? Wéi kann e Chrëscht mam Internet verbonne sinn? A gläichzäiteg sinn do och Äntwerten zu anere fundamentale Froen enthalen: Firwat ass d'Bibel esou wichteg? Wat huet de Jesus fir äis gemaach? An esou weider.

Integratioun

Wourop s du muss oppassen, dat ass d'Zesummeschmelze vun där staarker Erfahrung während der Pilgerfaart an dem deegleche Liewen, tëschtent theoretesche Froen, déi de Glawe betreffen an enger perséinlecher Bezéiung zu Gott, tësche Gebiet a praktescher Hëllef fir dāin Noper. De hellegen Ignatius vu Loyola huet dovu geschwat Gott an alle Saache fannen », wat genau dat ass, wat hei gebraucht gëtt. Dës #TwGOD Handreechung liwwert nützlich Informatiounen fir Gruppelieder fir esou virzegoen op der Basis vun de Froe vun de jonke Pilger (KUCK B.1-B.6). A weider weisen déi folgend Säiten e Suivis-Programm op, dee speziell fir no de WJD entwéckelt ginn ass.



Am beschte Fall hëlleft e Suivis-Programm, dass ee vun de Froen, déi op de Pilgerrees gestallt goufen, och déi Froe kann aschleissen, déi a Relatioun mat dem deegleche Liewen vun engem Chrëscht sinn.



D.5 Wéi stellt een e Suivis-Programm mat #TwGOD op?

Esou ewéi mir et gesinn ass de Suivis-Programm no der Pilgerrees am Ufank haaptsächlech fir de Pilgergrupp an hier Erfahrung geduecht, an duerno mécht e sech schnell op fir anerer. Dat ass bewosst gemaach: et ass wichteg dofir ze suergen dass d'Erfahrung an d'deeglecht Liewen integréiert gëtt. Fiddere kann iwwer de Glawe schwätzen, onofhängeg dovun, ob si d'Pilgerfaart matgemaach hunn oder net. D'Begeeschterung vun de Pilger wäert ouni Zweifel ustiechend sinn an aner jonk Katholiken dozou opruffe méi iwwer de Glawen ze léieren.

Phase 1: Erfarunge vun der Rees

Déi gewéinlech Versammlung fir Fotoen a Schnappschëss auszutauschen ass och eng groussaarteg Geleeënheet fir fir méi déif Erfarungen auszutauschen. Wann e Hei-bleif-Programm fir déi organiséiert gi war, déi net mat op d'WJD konnte goen, dann ass et eng gutt Iddi, se op dës Versammlung anzuelueden, well se zum Deel ähnlech Erfarunge gemaach hunn. Ee vun de grouss Problemer, déi d'Teilnehmer ëmmer erëm ervir-

Phase 1: Erfarungen austauschen

1. Sessioun

Zil: Ufänke mat Frënn vun der Pilgerfaart an Erfarungen austauschen.

- 00.00 Ufank vum Treffen (mat Kaffi a soft drinks)
- Fotoen austauschen
 - Nei Gesichter kenne léieren (KUCK ANHANG 3).
- 00.45 A kleng Gruppen deelen (wann de Grupp grouss genuch ass fir gedeelt kënnen ze ginn. Froen un d'Gruppen
- Wat ass deng wäertvollst Erënnerung?
 - Wat haass du am mannste gär?
 - Wat ass elo doheem am schwéiersten?
 - Wéi mengs du, dass du deng Erfahrung an d'äin deeglecht Liewe kanns integréieren?
- 01.45 Gebiet an der Kapell.
- Lidder vun der Pilgerrees sangen.
 - Spontan Gebieder vun den Teilnehmer opkomme loossen
 - Wa méiglech, e Moment vun Anbetung
- 02.00 Schlussfolgerung.

2. Sessioun

Zil: En douce Iwwergank vun där eenzegaarteger Erfahrung zu weiderem Wuessen am Glawe maachen.

- 00.00 Fänk d'Versammlung un (mat Kaffi a soft drinks).
- Zäit fir ze babbelen a fir.
- 00.30 A kleng Gruppen deelen (wann de Grupp grouss genuch ass fir opgedeelt ze ginn. Froen un de Grupp:
- Wat fir Froe bass du begéint, wéi s du zréck komm bass?
 - Wat ass fir dech dat Schwéierst fir deng Erfahrung mam deegleche Liewen ze verbannen?
 - Wéi kanns du als e gudde Chrëscht liewen?
- 01.45 Gebiet an der Kapell.
- Lidder vun der Pilgerfaart sangen.
 - Spontan Gebieder bei den Teilnehmer opkomme loossen.
 - D'Komplet zesumme bieden (KUCK TWEET 3.13).
- 02.00 Schlussfolgerung.



bréngen, ass dee groussen Ënnerschied tëschent der Erfahrung während der Pilgerfaart an deem « lausegen » Alldag zu deem d'pilger müssen zréckfannen. Mir gi Virschléi, wéi di éischt Begéinunge gestalte kënnen ginn (KUCK DAT ENCADRÉIERT).

Phase 2: Froen

Et ass ganz gutt vun de Froe vun den Teilnehmer auszegoen. Dës Froe kënnen sech op d'Erfahrungen, déi si während der Pilgerrees gemaach hunn, bezéien oder op iergendeppes vum Glawen oder vum Liewen am Allgemengen. They stem from curiosity an engem Wonsch Gott kennenzelieren. Déi Froen, déi sech op d'Rees bezéien, fale geschwënn ewech, während d'Froen iwwer de Glawen an d'deeglecht Liewen zouhuelen. Duerfir schwätze mir vun enger zweeter Phas. A wéi gesot, wier et gutt, dës Phas fir jiddereen, deen interesséiert ass, opzemaachen.

Eng Joreszäit mat #TwGOD

Et ass gutt Manéier fir déi zweet Phase duerch eng Joreszäit mat #TwGOD ze organiséieren. Dëst Begleebichelchen erkläert Schrëtt fir Schrëtt, wéi dat soll goen (KUCK B.1-B.6), während den Anhang dir Virschléi gëtt fir de Programm während der Joreszäit (KUCK ANHANG 1 AN 2). Mir hunn e spezielle Programm fir de Suivi no de WJD ausgeschafft, deen hëllef kéint als Beispill fir déi grouss Villfalt vu Méiglechkeete mat #TwGOD (KUCK D.6) ze weisen.



No zwou Versammlungen, déi sech op d'Pilgerfaart bezéien, maachen de Grupp fir anerer op a fuert weider zesummen Äntwerten op d'Froen ze sichen.



D.6 Wéi géifs du d'Thema vun de WJD an e Suivis-Programm integréieren?

D'Thema vun de WJD a Panama 2019 ass: Ech sinn d'Déngschtmod vum Här. Et soll u mir geschéien esou, wéi Hien et kuckt. » (Lk. 1:38). De Poopst Franziskus luet déi jonk Leit an, op ze si fir onerwaart Weeër an deene Gott an an duerch jonk Leit kann handeln, woubäi Hien si ureegt, hier perséinlech Beruffung erauszefannen. D'Maria war ëmmer op fir de Wëlle vu Gott an d'Leit hunn si « e Virbild fir nozemaachen » genannt (KUCK TWEET 1.38). Gott huet e Plang fir all Mënsch (KUCK TWEET 4.2). No engem Virbereedungsgespréich kann de jonke Grupp folgend Froen hunn: - Wat kënnt fir dech dem Härgott säi Wëlle sinn? Wat kéint deng Beruffung sinn? Wéi géifs du op dësen Appell reagéieren? Déi dräi #TwGOD Wénkelen: denk, biet, handel kënnen d'Thema sinn, dat dech leed, a dengem Programm, dee spéider presentéiert gëtt (KUCK ANHANG 7), a mat Hëllef vu folgenden Aleedungen.

Denk: erkenn dem Härgott säi Plang fir dech

D'Maria krut eng speziell Missioun vum Härgott. Während si dëse Plang net ganz verstanen huet, huet si duerch hiert Vertrauen an den Härgott zur Rettung vun allen bäigedroen. Hire « jo » zu Gott ass eng Manéier ze liewen déi fir all Chrëscht gutt ass. Der Maria hier Äntwert gouf fir si kee bequeemt Liewen: si gouf zum Flüchtling, war si Zeie vun dem schrecklechen Doud vun hirem Jong. Trotz hirem Leiden huet si de Glawen u Gott behalen an huet Him getraut. Gott hofft, dass du och säi Plang fir däi Liewe sichts (KUCK TWEET 4.3). Wat Hien dech freet kann an dengem déifste Verlaangere fonnt ginn. Fir téschent dengem iwwerflächlechen an dengem déifste Wënsch ze ënnerscheeden, muss du léieren dengem Beruffung duerch en Discernement erauszefannen (KUCK TWEET 4.3 - 4.4). Dat méchs du haaptsächlech duerch Gebiet, an doduerch, dass du eng Relatioun zu Gott opbaus (KUCK TWEET 3.1 - 3.14). Et ass gutt, no engem spirituelle Leeder ze froen, fir dech ze begleeten (KUCK TWEET 4.6). Fir eng ähnlech Iwwerleeung kanns du d'#TwGOD Manéier huelen (KUCK B.1-B.6) fir dem Pilgergrupp ze hëllefen, iwwer d'Thema ze schwätzen. Du kéints, zum Beispill, ufänke mat engem Dialog iwwer d'Wichtigkeet vu Maria, an an enger nächster Versammlung iwwer dem Härgott säi Plang fir jidderee schwätzen kuck Tweet 1.38 an 4.2. Dat, wat de Grupp mat erabrängt, kann dir wahrscheinlech hëllefen déi nächst Themen erauszesechen oder du kanns dee virgeschloene Programm gebrauchen (KUCK ANHANG 7).

Biet: sief op fir den Hellege Geescht

De Jesus huet ëmmer gebiet ier hien eng wichteg Entscheedung getraff huet, well hie wousst, dass Gott an der Stëllt vum Gebiet schwätzt, an der Déift vun eisen Härzer a Wënsch. Am Gebiet bass du ni eleng: « Den Hellege Geescht offenbaart Gott a léiert äis bieden (KUCK TWEET 1.33) Mat de Wieder vun der Bibel: « De Geescht hëlleft äis an eiser Schwaachheet; well mir wëssen net wéi mir biede sollen, mee de Geescht selwer trëtt fir eis an mat onausspriechelech Seufzen » (Rom. 8:26). Duerch d'Biede gëss du dem Härgott d'Chance dech genoe an déi richteg Richtung ze féieren (KUCK TWEET 3.4): sech bestueden an eng Famill grënnen (KUCK TWEET 4.19) oder célibataire bleiwe fir Gott an der Kierch mat ongedeelter Opmierksamkeet ze déngen (KUCK TWEET 4.21). Beim Nodenken iwwer eng Beruffung, do mussen en an d'Déift goen. Duerfir wier et gutt eng Beruffungs-Retraite fir de Grupp no de WJD ze organiséieren, woubäi awer och aner Teilnehmer kënne mat ageschloss ginn (KUCK #TwGOD SPECIAL ON RETREAT).



Du solls keng Angscht hunn!

Wéi et ze verstoen ass, huet dat plötzlech Erschéngen vum Engel d'Maria hefteg duercherneebruecht... An dir jonk Leit, wat sinn är Ängsten? Wouriwwer méchs du dir déi gréisste Suergen? Eng ënnerschwellig Angscht, déi vill vun iech kënnen hunn, ass, dass keen si gär huet, beléift oder akzeptéiert esou wéi s du bass. Haut hu vill jonk Leit d'Gefill, si missten anescht si wéi se a Wierklechkeet sinn... si änneren hiren Image stänneg ewéi am Photo-shop, si verstopen sech hannert enger Mask a falschen Identitéiten, esou dass si bal selwer Fake ginn. Vill si besiess esou vill Likes ze kréien ewéi méiglech... Du solls keng Angscht hunn! »

(POOPST FRANÇOIS, MESSAGE FIR D'WJD 2018)

Handel: erkenn d'Nout vun deenen aneren

No hirem « jo » zum Härgott, huet d'Maria sech direkt op de Wee gemaach fir hirer Kusinn Elisabeth ze hëllefen (Lk. 1:39). Dem Härgott säi Beruffe gëtt spéider kloer, wa mir äis an den Déngscht vun de Leit ronderëm äis asetzen. Sech aneren zouwenden ass en integrale Bestanddeel vum kathoulesche Glawen an d'Approche vun #TwGOD (KUCK TWEET 4.7-4.11). Dat ass do wou däi Glawen an d'Praxis ëmgesat gëtt (MT 25:40). Mam Grupp an engem Benevolat matmaachen ass en ausgezeechente Wee fir eppes fir däin Noper ze maachen an aus dengem Glawen eraus ze handeln. Denk iwwer esou Méiglechkeeten no.



Denk, biet, handel: d'Thema vun denger perséinlecher Beruffung sollt an all Aspekter vun dengem deegleche Liewen andréngen.

Anhang 1: Eng Saison mat #TwGOD

Hei ass e Beispill, wéi eng Sëtzung vun #TwGOD ausgesi kann. Genéiert eech net fir et op är Besoinen unzepassen. D'Sëtzungen sollten ëmmer op Froe vun de Participanten baséieren (KUCK A.2). Bezéi se souvill wéi méiglech an der Virbereedung an am Team mat an.

Fir weider Iddien a fir gratis Eroflueden, kuck www.tweetingwithgod.com/howto.

Virleefeg Virbereedungen (KUCK B.1)

- Forméier e Grupp mat engem Gruppelleeder.
- Deel deng Meenung (d'Uersaach dofir).
- Maach e Plang (Zilgrupp, Zäit an de Standu-ert).
- Stell e Kalenner op andeems de d'Fester vum liturgische Joer a Betruecht zitts (Advent, Chrëschttag, Ouschteren, Faaschtenzäit, Päschten).

Team: Invitatiounen & Werbung

Woch 1: Kickoff party

- Fänkt mat engem freedegen Event un: Barbecue, Picknick, Party, etc.
- Loosst jiddereen säin Numm soen an eppes iwwert sech selwer.
- Organiséiert eng lëscht Opwärmaktivitéit.
- Maacht eng Aféierung vun #TwGOD: Konzept, Material, Kalenner,

Woch 2: 1. Meeting

- Huelt eech Zäit fir eech besser kennen ze léieren.
- Sammelt Froen (KUCK ANHANG 2).

Team: Froen organiséieren & Planning (KUCK B.3)

Woch 3: #TwGOD Meeting 1 (KUCK B.2)

Woch 4: #TwGOD Meeting 2 (KUCK B.2)

Team: Evaluatioun & Gruppebildung

Woch 5: #TwGOD Meeting 3

Weekend an der Woch 5: Bieden

- Organiséiert zesummen eng Gebiets-Sëtzung.

Woch 6: #TwGOD Meeting 4

Woch 7: #TwGOD Meeting 5

Weekend an der Woch 7: Spaass hunn

- Ënnerhuelt eppes zesummen.

Woch 8: #TwGOD Meeting 6

Team: Evaluatioun & Gruppebildung

Woch 9: #TwGOD Meeting 7

Weekend an der woch 9: Handlung

- Schafft zesummen fir aneren ze hëllefen.

Woch 10: #TwGOD Meeting 8

Woch 11: #TwGOD Meeting 9

Weiderfueren bis zur leschter Woch

Team: Evaluatioun

Weekend an der leschter Woch: Ofschlossparty

Anhang 2: D'Participanten encouragéieren fir Froen ze stellen

Speziell wann ee mat Jugendleche schafft, ass et e Challenge fir de Grupp un d'Schwätzen ze bringen. Si sinn dacks net gewinnt fir selwer ze denken an hir Meenungen auszudrécken. Et ass awer wichteg fir si ze encouragéieren ze schwätzen, well eise Glawen baséiert net nëmme op deem wat anerer eis verzielen mee op e selbstbewusste Choix fir den Herrgott. An esou ee Choix kann nëmme getraff ginn, wa mir gutt iwwert de Glawen informéiert sinn. Méi praktesch gesinn: wann s du et fäerdeg bréngs fir eng Diskussioun ze lancéieren, weisen déi Jugendlech datt si sech wierklech an engem Dialog kënnen abringen an et och gär maachen. Déi folgend Punkten applizéieren sech och fir eeler Gruppen, déi Problemen hunn fir unzefänken.

Firwat ass et esou schwéier?

Wéi dacks gëtt e Jugendlechen sérieux ëm seng Meenung gefrot a wéi dacks ass deejénigen, dee freet wierklech interesséiert drun? Déi Jonk sinn einfach (nach) net dru gewinnt, datt hinnen nogelauschert gëtt! E Jonken – méi nach wéi en Erwuessenen – kuck d'Welt aus senger Perspektiv. D'Liewen schéngt dacks e Kampf ze sinn. D'Resultat dovunner ass, datt d'Welt sech fir d'éischt ëm hien dréit an dann eréischt ëm hien a Verbindung mat aneren. Paradoxeerweis sinn déi Jugendlech staark interesséiert un der Meenung, déi anerer vun hinnen hunn. Natierlech kommen nach aner Elementer mat an d'Spill, mee déi hei opgefouert sinn, kënnen hëllefen fir d'Diskussioun ze stimuléieren.

Fir virun engem Grupp vu Leit ze schwätzenn kann en Défi sinn, besonnesch wann een se net kennt (KUCK ANHANG 3) – hei fënnt een e puer amusant Methoden fir d'Äis ze brieche a sech géigesäiteg unzelächelen. Wéi an all Grupp ass dee gréissten Challenge fir zu där éischter Fro ze kommen.... Gewéinlech féiert eng Fro zu där anerer. Mee sief net zevill presséiert fir selwer déi éischt Fro ze stellen. Eng bedrückend Stëllt kann de Leit hëllefen nozedenken (KUCK B.3 A B.5).

Vun enger Fro zu där anerer

Andeems de dem Grupp e puer direkt Froe stells, kanns de eng Diskussioun declenchéieren. Eng gutt Method fir se ze involvéieren ass d'Fro, « Wien huet Froen iwwert de Glawen? » Wann s de

Chance hues, hiewen e puer Leit hir Hand an d'Luucht an du kanns mat hire Froen ufänken. Mee fir jidderen matanzebannen, kanns de fir d'éischt folgend Fro stellen: « Wien huet keng Fro iwwert den Herrgott oder de Glawen? » Lo missten déi, déi net op déi éischt Fro reagéiert hunn, hir Hand an d'Luucht hiewen, mee si wäerde realiséieren, datt si net éierlech geäntwert hunn. Voilà: du brauchst just deng Grupp zum Denken ze bréngen.

Verschidden Differenzen

Du kann de Grupp och froen, wéini iergendeen hinnen eng Fro iwwert de Glawen gestalt huet. Oder: « Wié vun eech schwätzt heiansdo mat Frënn iwwert de Glawen? Iwwer wat schwätzt dir? » Dacks sinn d'Leit an engem Konflikt tëschent hirem deegleche Liewen an der Gesellschaft an hirem Glawen. Wou geschitt dëse Konflikt? Gesinn sech déi aus dem Grupp anescht wéi aner Leit an der Gesellschaft? Wann e Jugendleche kuckt: « Meng Frënn gleewen net, mä ech gleewen », kanns du froen: « Wéi gees du mat dëser Differenz ëm? »

Fir méi ze provozéieren, kanns du de Grupp froen: « Gleefs du alles wat d'Kierch léiert? » Wann se éierlech sinn, kommen hei e puer Reaktiounen. Gewéinlech ass d'Äntwert Nee. Fäert net fir provokativ oder bal agressiv Äntwerten ze kréien (KUCK A.2): deng Aufgab ass fir e Gedankenzoch ze stimuléieren, net fir dem Grupp deng perséinlech Vue ze indoktrinéieren. Wann deng Vue gutt ass, gesinn si eventuell d'Logik an. Mee et ass vill méi wichteg datt si selwer d'Äntwert fannen.

Anhang 3: Interaktiv Methoden fir däi Grupp

Hei sinn e puer Suggestiounen fir deng Sätzungen interaktiv ze gestalten. Mir hunn domatter eis Erfahrungsge-
gemaach, opgrond vun deem wat mir geléiert, gelies an souvill wéi méiglech op eis eegen Ziler adaptéiert
hunn, nämlech e fräien Austausch vun Iddien an Argumenter a Gruppendiskussiounen iwwert de Glawen.
Bestëmmt bréngt dir et fäerdeg mat ärer Kreativitéit fir eegen Methoden ze entwickeln.

1. Sech besser kenne léieren

Iddi

D'Participanten léieren sech besser kennen andeems
se interessant Aussoe maachen.

Wéi funktionéiert et

1. Preparatioun: Schreif 10 (oder méi, je nodeem wéi
grouss déi Grupp ass) Aussoen déi an dengem
Grupp gemaach goufen, op e Blat Pabeier, z.B.:
 - Ech hunn en Hond.
 - Ech sange gär.
 - Ech hunn 3 Kontinente besicht.
 - Ech si gedeeft.
 - Ech drénke bal ni Kaffi.
 - Ech bezweifelen, datt et ee Gott gët.
 - Ech kafe gär Fair Trade Produkter.
 - Ech ginn ni, ouni makeup aus dem Haus.
 - Ech hunn de Poopst perséinlech gesinn.
 - Ech bieten heiansdo un d'Maria.Maach eng Kopie vum Blat fir all Member vum
Grupp.
2. Erklär d'Regelen: « Mir spillen lo living bingo. Dir
kritt eng Lëscht vun Aussoen. D'Zil ass et fir ban-
nescht 15 Minutten eng aner Persoun ze fannen
op déi d'Ausso passt. Fro eng Persoun eng Ausso
ze wielen, déi op hie past an hie beschreift. Looss
hien säin Numm op deng Lëscht schreiwen, nie-
went d'Ausso, déi hien ausgewielt huet. Géi dann
bei eng aner Persoun. All Ausso kann nëmmen ee
Mol genotzt gin. »
3. Verdeel Bläistëfter a Blieder. Looss een d'Zäit stop-
pen.
4. Diskutéier nom Spill iwwert all d'Aussoen. Fro
ee Participant bei all Ausso wéi een Numm hien
opgeschriwwen huet an hie soll kierz iwwert seng

Begéinung mat dëser Persoun schwätzen.

5. Si Leit net ernimmt ginn? So si sollen eng Ausso
wielen, déi op si passt a kuerz hir Relatioun duer-
zou erklären.

Extra

Déi Jonk fillen sech speziell bei Kompetitiounen
stimuléiert. Dir kënnt där Persoun, déi als éischt
d'Nimm fir all 10 Aussoen fonnt huet, e kleng
Präis ginn.

Zousatzmaterial

- Blieder mat den Aussoen
- Bläistëfter
- Eng Auer

2. Zesumme bieden

Iddi

Gruppe Memberen fillen sech wuel beim gemeinsame
Gebiet.

Wéi funktionéiert et

1. Sot de Participanten, datt dir den Owend mat
engem Gebiert wëllt ufänken. Gitt, wa méiglech
an d'Kierch oder an eng Kapell. Vlächent kënnt der
kuerz beim Hëlje Sakrament verweilen. Soss
kënntder och d'Still bei d'Ikon setzen. Losst d'Parti-
cipanten e puer Minutten a Stëllt sëtzen, fir sech ze
sammelen.
2. Gitt jidderengem e Blat Pabeier an e Bläistëft.

Biet se eng Fürbitte néierzeschreiwen, eppes wat
dem Herrgott soen oder froe wëllen. z.B., wëllen
se vlächent fir en krank Persoun bieden, fir datt
en Examen reusséiert oder fir Flüchtlingen. Sot
hinne datt keen aneren dat ze liese kritt, ausser si
erlaben et.

3. Sammelt Pabeieren an einger Këscht.
4. Stellt d'Këscht virun den Altar oder d'Sakrament
oder d'Ikon.
5. Maaacht d'Zeeche vum Kräiz. Féiert, als Grup-
peleeder, an d'Gebiet an. Dir kënnt ufänke mat:
« Merci Herrgott, dass de eis den Owend hei
zesummebruecht hues. An dëser Këscht sinn eis
Gebieder. Lauschter si w.e.g. « So de Partici-
panten lo, datt si fräi sinn haart d'Fürbitten ze bieden
déi si néiergeschriwwen hunn.
6. No e puer Minutte Stëllt no där leschter Fürbitte,
maach d'Schlussgebiet, z.B. « W.e.g. héier eis
Gebieder, Herrgott. Hëllef eis den Owend fir engem
deem aneren géigeniwwer respektvoll an opmier-
ksam ze sinn. Hëllef eis ze léieren an ze wuessen.
Eise Papp... » Maaacht d'Kräizzeechen!
7. Gitt an ärt Lokal zrëck a fuert weider mat der Sët-
zung.

Zousatzmaterial

- Blieder Pabeier
- Bläistëften
- Eng Këscht
- Am léifsten eng Kierch oder eng Kapell

3. Gruppebildung

Et ka virdeelhaft sinn fir de Grupp a kleng Gruppen
anzedeelen. Sou kréien Participanten déi net sou
gespréichig sinn, méi Geleeënheete fir ze schwätzen.
D'Leit deelen och éischter perséinlech Saachen a méi
kleng Gruppen. Mir recommandéieren kleng Grppen
vun 3 bis 5 Leit. Probéiert aus, wat fir äre Grupp am
beschte funktionéiert.

A. Faaarweg Zervéiten

Iddi

D'Gruppe ginn no de Faarwen vun den Zervéite
forméiert.

Wéi funktionéiert et

1. Huel souvill faarweg Zervéite wéi der Leit an ärem
Grupp hutt a souvill Faarwen wéi s de Gruppen
wells forméieren, z.B., wann der 3 Gruppe wëllt,
braucht der 3 Faarwen. Oppassen datt der déi
selwecht Unzuel vun Zervéite vun darselwechter
Faarf hutt.
2. Benotzt d'Zervéiten am Ufank vun der Aktivitéit,
z.B., mat egal wat fir engem lessen dat der zer-
véiert (kuck B.4) So dem Grupp si sollen hir Zervéi-
ten versueren, well se brauchen se méi spët.
3. Wann der fäerdeg sidd kleng Gruppen ze forméie-
ren, frot d'Participanten, datt se hir Zervéiten
ewecheuele sollen. Sot hinne déi aner am Raum
ze lokaliséieren, déi déi selwecht Faarf vun Zer-
véiten hunn wéi si. Dirigéiert déi kleng Gruppen
a Raimlechkeeten wou se d'Thema zesumme
bespreeche kënnen.

Tipp

- A Dir kënnt d'Formatioun vu kleng Gruppen
ouni de Participanten Bescheid ze soen,
steieren, wann do e scheie Jugendlechen
ass, deem säi Frënd ëmmer d'Wuert féiert.
Gitt jidderengem eng aner Faarf!
- B Dir kënnt all méiglech Variatiounen uwen-
den, z.B. Tassen austauschen, Stréihalmer
oder Nimmschëlde fir d'Zervéiten.

Zousatzmaterial

- Zervéite vu verschiddene Faarwen

B. Schung

Iddi

D'Memberen sinn de Schung no gruppéiert.

Wéi funktionéiert et

1. Frot all Participanten si sollen ee Schung ausdoen an en an eng Rei stellen mat allen aneren. Sot hinnen nach net ëm at et geet.
2. Ënnerdeelt d'Schung a Gruppen (Decidéiert am Ufank wéivill Gruppen der wëllt).
3. Sot de Memberen elo si sollen hir Schung rëm undone. D'Memberen deenen hir Schung zesumme gruppéiert waren, sinn an deemselwechten Diskussiounsgrupp.

Zousatzmaterial

- Schung vun de Participanten

4. Opwäermen

Iddi

D'Participanten denken a schwätze spontan vum Thema.

Wéi et funktionéiert

1. Ernimmt fir d'éischt d'Thema vun der Sëtzung.
2. Sot de Participanten datt d'Aktivitéit dora besteet si zum Nodenken ze bréngen a sech auszutauschen.
3. Erklärt d'Spill: « Ech gi ronderem eng Fixfeier schachter. Dir fänkt ofwiesselend e Fixfeier un. Soulaang wéi et brennt, kann alles zum Thema gesot ginn. Alles ass méiglech: Meenungen, Froen, Iddien, Erënnerungen etc. Wann d'Fixfeier ausgoe muss, musst dir ophale mat schwätzen an d'Fixfeier këscht un déi nächst Persoun weiderginn. »
4. Ier d'Spill ugeet, gitt jidderengem eng hallef Minutt fir nozedenken iwwert d'Thema mat

geschlossenen Aen. Dëst fir ze verhënneren, datt d'Leit nëmmen dat kopéieren wat anerer soen.

5. Selektionnéiert déi éischt Persoun fir e Fixfeier unzefänken, gitt him d'Fixfeierkëscht a sot hir si soll ufänken.
6. Resuméiert nom Spill kierz wat gesot gouf. Resuméiert dann d'Sëtzung.

Tipp

Fir d'Stëmmung unzeheizen, sot de Participanten si sollen sou vill wéi méiglech soen, während d'Fixfeier brennt.

Zousatzmaterial

- Eng hëlze Fixfeierkëscht an en Aschenbecher

5. Verschaffe vun den Donnéeën

Iddi

All Participant kritt den Opdrag enger bestëmmter Persoun besonnesch gutt nozlauschteren während der Sëtzung mat Zil jidderengem gutt nozlauschteren.

Wéi funktionéiert et

1. Sot alle Participanten si sollen hiren Numm op e separat Blat Pabeier schreiwen. Si sollen d'Noten sou fallen, datt d'Nimmen bannena sinn. Weist hinnen wéi d'Noten gefaalt solle ginn (z.B. zwee Mol), fir datt se d'selwecht gefaalt sinn
2. Sammelt d'Blieder an engem Behälter. Mëscht se an gitt all Participant eng Note. Sot hinnen si sollen net en Ziedel mat hirem Numm oder deem vun enger Persoun, déi si gutt kennen, hunn. Wann dat de Fall ass, sammelt d'Noten nees an a verdeelt se nei.
3. Wa jiddereen e Numm huet sot: « Déi Persoun, där hiren Numm dir hudd, ass déi, där dir beson-

nesch Opmierksamkeet must schenken während der Diskussioun. Lauschtert dëser Persoun besonnesch gutt no, versicht ze verstoe wat si kuckt a stellt hir méi Froen. Dir musst jidderengem gutt nolauschteren, mee dëser Persoun besonnesch. »

4. Erënnert d'Memberen méi spéit an der Sëtzung un dës Aktivitéit an encouragéiert se intensive nozlauschteren an ze versichen ze verstoen, wat déi Persoun, där hire Numm si kruten, besonnesch ze verstoen.

Zousatzmaterial

- Kleng Ziedele Pabeier, wéi Stickeren
- Bläistëfter
- Behälter

6. Nodenken

Iddi

All Participant denkt individuell iwwert d'Sëtzung no andeems en 3 Froen um Pabeier beäntwert.

Wéi funktionéiert et

1. Schreift folgend Froen op e Blat Pabeier a loost genuch Plaz fir datt d'Leit d'Äntwerte kënnen dropschreiwen. Maach genuch Kopien fir jidderene aus dem Grupp
 - a. Wat war nei fir mech?
 - b. Wat huet mech beréiert? Wéi hunn ech mech gefillt? Frou, rosen, ängschtlech, traureg? Fir wat? Warum?
 - c. Wat well ech weider léieren?
2. Am Ufank vum Nodenkungsprozess, sot de Participanten si kréichen 5 Minutten Nodenkzäit fir iwwert 5 Froen vum Owend nozedenken.
3. Verdeel Blieder a Bläistëften a frot ob een eng Fro hätt. Wa jo, beäntwert se.
4. Sot et soll rouig sinn an de Grupp soll ufänken.

5. Falls een während de 5 Minutten en Fro huet, beäntwert se andeems de flusters, fir déi aner net ze stéieren.
6. Gitt Zousatzzäit, falls néideg.
7. Wann d'Zäit eriwwer ass, encouragéiert d'Leit hir Äntwerte mat heem ze huelen fir weider driwwer nozedenken an se ze studéieren. Sot hinnen, datt se vill Äntwerten am #TwGOD book fannen an datt se all Fro dem #TwGOD social media team stele kënnen, déi frou sinn hinnen ze hëllefen.

Tipp

- A Dir kënn all Sëtzung mat 3 Froen ophalen. Kaapt all Participant e klengt Notizbichelchen, wat se all Kéier matbréngen sollen.

Zousatzmaterial

- Kleng Blieder Pabeier, séi Stickeren
- Bläistëfter
- Behälter



Anhang 4: D'Sakrament vun der Versöhnung an engem Grupp

D'Sakrament vun der Versöhnung emfänken (KUCK TWEET 3.38-3.39) kann en Défi sinn, besonnesch wann dir net doru gewinnt sidd – souguer wann dir gutt drop virbereet sidd. En agreabelt Ëmfeld schaffen, wou d'Geeschtlech d'Beicht kënnen ofhuelen, hëlleft de Leit de Courage ze fannen, deen se brauchen fir d'Sakrament ze emfänken. Versich eng Persoun ze fannen, déi Gitar spilt an/oder e berouigend Anbetungslidd séngt. Dimmer d'Luuchten a stell e groust Kräiz nieft den A lot (wa méiglech gutt belicht). Stellt d'Sakrament op den Altor oder an eng Sä-itekapell. Stellt Beichtstill oder e puer Still, ee fir de Geeschtlechen an ee fir deen, dee beicht, wa méiglech nieft eng Ikon a Käerzen. Haalt Wäiwaasser, Pabeier a Bläistëfter bereet.

Eröffnungslidd

Zeeche vum Kräiz, Eröffnungsgebiet

Liesung vun der Schrëft a kuerz Priedegt

- E.g., Isaiah 61,1-4; Luke 15,11-32; John 3,16-17; 2 Corinthians 5,18-21; Ephesians 1,3-10

Gemeinsamen Deel: Gebiet ëm Vergebung

Sou wéi eise Papp eis léiert, biede mer den Herrgott ëm Vergebung:

- Gudde Papp, mir hu gesëndegt géint dech. Mir bidden fir alles wat mir falsch gemaach hunn, ëm Vergebung. **R/** Här, erbaarm dech eiser.
- Gudde Papp, du hues eis gär. Du hues eis gutt erschafen an awer hu mir dat falsch gemaach. **R/**.
- Gudde Papp, du wells näischt weider, wéi datt d'Sënner bei dech zrëckkommen. Hëllef eis ëmmer erëm fir deng Léift ze erkennen. **R/**.
- Gudde Jesus, mir bereeden eis op d'Versöhnungssakrament vir. Hëllef eis a verzeih eis eis Schold trespasses. **R/**.

Zesumme biede mer de Vater Unser.

Individuellen Deel: Sakrament vun der Versöhnung

Schlussendlich dréit sech alles ëm eist perséinlecht Verhältnis zu Jesus (KUCK TWEET 3.1 AND 4.1). Wéi an all Relatioun, ass et wichtig éierlech ze sinn, och bei deem wat falsch gelaf ass an ëm d'Verzeihen fir all eis Sünden ze froen Dofir huet de Jesus eis d'Sakrament vun der Versöhnung ginn (d'Beicht). Hie lauschter no a verzeit eis eis Sünden duersch

de Geeschlechen (KUCK TWEET 3.38-3.39). Andeems du dech doropper preparéiers, kanns du verschidde Saachen an der Kierch maachen; wann s du de Choix hues, dann empfänk op mannst d'Versöhnungssakrament:

- Biet virun em grouse Kräiz an der Kierch. Maach d'Kräizzeechen mam hellje Waasser an Erënnung dorunner, dass de bei der Daf e Kand vum Herrgott goufs.
- Géi a besich de Jesus, deen am Allerhellejste Sakrament ass a schwätz mat him (KUCK TWEET 3.14).
- Schreif dem Herrgott oder engem Frënd e Bréif an deem s de ëm Verzeihung biets. Lee de Bréif virun dat groust Kräiz niewent dem Altor. Bréiwer, déi un den Herrgott gericht sinn, gi verbrannt, aner Bréiwer gi verschéckt.
- Géi bei de Geeschtlechen an emfänk d'Versöhnungssakrament. Du brauchst keng Angscht ze hunn, wéi s du dat maache solls: de Geeschtlechen hëlleft dir.
- De Geeschtleche gëtt dir eng Käerz. Fänk d'Käerz virum Altor an dem Kräiz un, béides Symbol vu Jesus, deen säi Liewen vir dech geaffert huet a biet em Verzeihung (KUCK TWEET 3.38).

Ave Maria

E Participant fänkt en Käerz virum Bild vu Maria un. Da gëtt zesummen den Ave Maria gebiet.

Danksagungsgebiet a Segen

Schlusslidd

Anhang 5: Gebieder fir den Ufank an de Schluss vun de Sëtzung

Déi beschte Manéier fir mam Herrgott ze twitteren ass duersch d'Gebiet. Am Grupp bidden, kann am Ufank e rich-
tegen Défi sinn. D'Gruppe Memberen sollten encouragéiert ginn fir vum Häerz ze bidden. Besonnesch am Ufank, brauchen si an dir vläicht eng kleng Hëllef. Gott sei Dank huet d'Kierch eng grouss Traditioun vu flotte Gebieder (kuck #TwGOD app), déi ee kann notzen. Eng kuerz Aleedung, wéi déi hei ënnen drënner, kann hëllegen des an äre Sëtzungen anzebannen. Fänkt är Gebieder ëmmer mam Kräizzeechen un an haalt och mam Kräizzeechen op.

Uafangsgebieder

Huel, Här . . .

Léiwen Herrgott, mir kommen bäi dech, fir dir fir dese Moment Merci ze soen, wou mir d'Gréisst vun denger Géigenwart ënnert eis betruuechten an d'Grënn fir wat et gutt ass fir ze gleewen. Mir froen dech fir eis ze hëllegen fir éierlech iwwert de Glawen nozedenken an unzekerne wéi alles an denger Léift zesummekënnert. Mir wellen dass du, net mir, den Zentrum vun eisem Liewen an eise Gedanke bass, an dofir biede mir:

(All:) Huel Här, meng ganz Fräiheet, meng Erënnung, mäi Verständnis a mäi ganze Wellen, alles wat ech hun a main eegen nennen. Du hues mir alles ginn. Dir, Här ginn ech alles zrëck. Alles gehéiert dir; maach domatter wat s de wells. Géff mir just deng Léift an den Gnod. Dat geet mir duer.

[SUSCIPE GEBIERT VUM HL. IGNATIUS]

Komm, Hellje Geescht . . .

Léiwen Herrgott, lo wou mir eis versammelen fir iwer Dech nozedenken an Deng grouss Geschenker während dëser Sëtzung, biede mir Dech fir mat eis ze sinn mam Hellje Geescht. Zesumme biede mer:

(All:) Komm, Hellje Geescht, Schöpfer vum All, Quell vum Licht an der Wouricht, du erhaben Origine vun allem wat ass. Looss duersch de Studium en Grëtz Kloerheet a main donkle Verstand drängen an huel déi zweefach Däischtert, an där ech gebuer sinn, vu mir: d'Sënnd an d'Onwëssenheet. Schenk mir, o Herrgott, de Verstand fir Dech ze erkennen, den Eifer fir Dech ze sichen, d'Beharrlechkeet ëmmer méi ze léieren, de Lieweswandel fir Dir ze gefalen, d'Wéisheet fir Dech ze fannen, d'Freed fir am Glawen ze wuessen, d'De-mut fir Dech unzabieden, d'Gnod fir eens ze sinn mat Dir Géff mir de Schaarfsënn fir ze Begréifen an e gutt

Gediechnis fir ze verhalenn. Géff mir d'Grëndlechkeet beim Erfaassen an d'Verständlechkeet beim Erkläre-ren. Léier den Ufank, dirigéier de Fortgank, hëllef bei der Vollendung. Dëst froen ech duersch Jesus Christus, richtige Gott a richtige Mensch, dee mat dir an dem Papp leeft an herrscht fir ëmmer an éiweg, Amen.

[STUDENTE GEBIERT VUM HL. THOMAS AQUINAS]

Ofschléissend Gebieder

Merci Herrgott . . .

Léiwen Herrgott, mir soen Dir Merci fir eis Gespréicher, fir dat wat mir geléiert hunn iwer Dech an eis selwer. Hëllef eis fir et en Deel vun eisem deegleche Liewen ze maa-chen. Léier eis, wéi mir eis kënnen op maachen fir Dech. Helleg Maria, Mamm vum Jesus, biet fir eis.

(All:) Gegrüsst seist du, Maria . . . (KUCK TWEET 3.9).

An deng Hänn . . .

Mam Merci fir alles wat mir geléiert hunn, biede mir:

V/ An Deng Hänn, Här, empfehlen ech mäi Geescht.

R/ An deng Hänn, Här, empfehlen ech mäi Geescht.

V/ Du hues eis erléist, Här, Gott vun der Wouricht.

R/ An Deng Hänn, Här, empfehlen ech mäi Geescht.

V/ Ehre sief dem Papp, dem Jong an dem Hellje Geescht.

R/ An Deng Hänn, Här, empfehlen ech mäi Geescht.

[PSALM31,5; NÜECHT GEBIERT]

Mat der Kierch bidden

Versicht ëmmer dden Ofschloss vuan ärer #TwGOD Sëtzung an enger Kierch oder enger Kapell ze maachen, wa méiglech andeems der d'Nuechtgebiet vun der Kierch biet, Compline (KUCK TWEET 3.13), oder andeems der ee Moment vun der Anbetung vum Hellje Sakrament virgesitt (KUCK TWEET 3.14). Kuck WWW.TWEETINGWITHGOD.COM/HOWTO fir méi gebieder.

Anhang 6: E Firmungscours an Tweet

Je no Alter vum Firmungsgrupp, kënnt dir entweder d’Buch an d’App direkt mat de Studenten oder just d’Online Material an d’Artikelen aus dem Buch fir d’Studenten resuméieren (KUCK C.2). Eiser Meenung no, missten op d’mannst d’Sujeten, déi hei ënnen drënner opgeléicht sinn, präsentéiert ginn. D’Reihenfolg, wéi se präsentéiert ginn, ka changéieren, je no Froe vum Grupp, mee passt op, datt der se all ofgedeckt hutt. Mir hu virdrunn dovun geschwat wéi een #TwGOD an engem Grupp asetzt (KUCK B.1–B.6). Kuckt och eis Propositionen fir op eng méi spaasseg Maéier mat Gruppen ze schaffen (KUCK ANHANG 3). Hei ass d’Material iwer 14 Coursen ënnerdeelt, well dat d’Duerchschnëttsdauer vun der Virbereedung ze si schéngt. Wann dir méi Zäit hutt, kënnt dir den Inhalt vun all Cours iwer 2 oder méi Coursen verdeelen. Tweet liwweren eech méi wéi genuch Material.

Wéi liest een dës Tabell

Zil: Hei gi mir d’Zilsetzung vun dësem spezielle Cours un.

Tweets: De Cours baséiert op dësem Tweet.

Do: Dëst ass eng virgeschloen Aktivitéit fir den Grupp, ausser d’Diskussioun iwwert de Glawen.

Gebiet: Hei maache mer e Virschlag fir d’Gebiet.

(D’ « Do » an d’ « Gebiet » Sektioenen enthale Beispiller, déi dir kënnt benotzen.)

Prelimiär Virbereedungen
Forméiert e Grupp, deelt är Visioun, maacht e plang, stellt en Zäitplang op (KUCK OCH ANHANG 1).

- Virbereedungssëtzung**
- Trefft eech mat den Elteren: sie wëllen är Pläng kennen; hëllef hinnen fir ze realiséieren, datt si och mussen iwwer de Glawen bäléieren (KUCK C.4).
 - Trefft eech mat de Participanten: si mussen eech kenne léieren an dir si (KUCK ANHANG 3).

Cours 1: Herrgott, Schöpfung an du
Zil: Gesi dech als Kand Gottes: hien ass frou mat dir an ass dāi Schöpfer.
Tweets: 1.1, 1.2, 1.3, 1.5, 1.9, 4.1.
Do: Zeechen e Bild vun dir an dem Herrgott.

Gebiet: e puer Lidder, de Vater Unser an de Gegrüsst seist du Maria (auswendeg geléiert).

Cours 2: D’Schrëft an d’Traditioun
Zil: D’Bibel ass méi wéi just e Buch; d’Traditioun am Herrgott senger Offenbarung.
Tweets: 1.6, 1.11, 1.10, 1.12, 1.15, 1.18.
Do: Schreif op Stickeren, wéi mir Gott kennen
Gebiet: Gebiet mat engem Psalm.

Grupp: Evaluatioun & Gruppebildung

Cours 3: Maria an déi Helleg
Zil: Du bass net aleng: déi am Himmel biede mat eis!
Tweets: 1.38, 1.39, 1.40, 1.41, 4.15, 4.16.
Do: Maah dāin eegene Rousekranz
Gebiet: E Gesätz vum Rousekranz.

Cours 4: Grouss Bibelgeschichten
Zil: Sich e puer wichtig Evenementer; kuck wéi se a Verbindung mam Jesus stinn.
Tweets: 1.22, 1.23, 1.24, 1.25.
Do: Bréng deng Bibel a maach e Spill fir d’Texter séier ze fanner.
Gebiet: Gebiet mat engem Bibeltext (KUCK TWEET 3.8).

Cours 5: d’Sënd an dat Béist
Zil: Realiséier wéi s de vun der Sënd vun Eisen éischten Elteren beträff bass.

Tweets: 1.4, 1.42, 1.34, 1.35, 1.36.
Do: Zeechen d’Senden (net onbedengt deng eegen); verbrenn d’Zeechnungen.
Gebiet: Adoratioun vum Hellje Sakrament: Dem Jesus seng Léift géigeniwwer vun der Sënd (KUCK TWEET 3.14 AN 4.13).

Cours 6: Handlung
Fräiwëlligendéngscht an engem Fleegeheim, mat de Schëstere vum der Mutter Teresa oder fir soss eng karitativ Organisatioun.

Cours 7: Dem Herrgott säi grouse Plang
Zil: Léier de Kär vun eisem Glawe kennen a vu wat den Herrgot eis rett.
Tweets: 1.26, 1.27, 1.28, 1.29.
Do: Invitéier e Geeschtlechen fir op mannst dës Sëtzung an ënnerhal dech mat him (KUCK C.2).
Gebiet: Anbetung vum Hellje Sakrament.

Grupp: Evaluatioun & Gruppebildung

Cours 8: Sakramenter, Liturgie, an Gebiet
Zil: Déi 7 Sakramenter; Gebietsformen a Liturgie.
Tweets: 3.35, 3.24, 3.1, 3.2, 3.3, 3.12, 3.14.
Do: Maach eng Lëscht vun deem wat s du léiers. Markéier wat s du gär hues a wat s du net verstees
Gebiet: De Rousekranz vun der Göttelecher Baarmhärzegkeet.

Cours 9: Deng eege Vocation
Zil: Du hues och eng Berufung; fann rous wéi s du se fanne kanns.
Tweets: 3.50, 4.2, 4.3, 4.4, 4.5, 4.50.
Do: Maach eng Zeechnung wéi s du dech an 20 Joer geséis.
Gebiet: Danksagung, spontan Fürbitten, Gebieder vun de Participanten.

Cours 10: Den Hellege Geesch an d’Firmung
Zil: Den Hellje Geesch empfängt een bei der

Daf a bei der Firmung.
Tweets: 1.31, 1.32, 1.33, 3.36, 3.37, 3.34.
Do: Maach eng Lëscht vun de Geschenker, déis de gär vum Herrgott kriss bei der Firmung; vergläich se mat de Geschenker vum Hl. Geesch (KUCK TWEET 1.32).
Gebiet: Gebiert zum Hl. Geesch (KUCK TWEET 3.9)

Cours 11: Vergebung
Zil: Och du brauchst dem Herrgott seng Vergebung; géff méi gewuer iwwer Gnod a Sënd.
Tweets: 4.12, 4.13, 4.14, 3.38, 3.39.
Do: Schreif dem Herrgott e Bréif an fro hien em Verzeihung a preparéier dech op d’Beicht.
Gebiet: Biet de Rousekranz zesummen.

Cours 12: Gebiet
Dëst ass dee richtige Moment fir d’Sakrament vunn der Versöhnung ze empfänken (KUCK ANHANG 4).

Sakrament vun der Firmung

Grupp: Evaluatioun

Cours 13: Spaass hunn
Maach eng Feier fir all déi, déi gefirmt goufen. Tauscht biller vun der Firmung aus, echagéiert är Erfahrungen an amuséiert eech. Schléiss of mat engem kuerze Gebiet vun der Danksagung währenddeems d’Firmungsgeschenker vun engem Geeschlechte kënne gekuckt ginn.

Cours 14: Zesummeffaassung vun eisem Glawen am Glaawensbekenntnis
Schreif dat Apostolescht Glawensbekenntnis op eng Tafel oder e grousst Blatt Pabeier Loost d’Klass e grénge Punkt nieft déi Zeile setzen, déi hinne gefalen, e roud Punkt nieft déi, déi hinnen net gefalen an e giele Punkt nieft déi, déi se net verstinn. Dëst liwwert genuch Diskussionsmaterial Schléiss de Cours wa méiglech mat enger Danksagung an dem Segen vum Hl Sakrament.

Anhang 7: Suivi no de WJD

No de Weltjugenddeeg sinn déi jonk Pilger hoffentlech voller Enthousiasmus agestellt op hire Glawen an d'Kierch, mee och voller Froen an erpirescht drop fir Äntwerten ze fannen. Am folgende Schema treffe mir eis all 14 Deeg, woubei dir eech awer och all Woch begéine kënnt a weider Froen derbäisetzt. Dëst funkti-onéiert am beschten, wann dir e kleng Grupp vu jonke Leit hutt, déi sech zesummendinn fir d'Sëtzen virzebereeden. Probéiert mat eenger interessanter Fro unzefänken, déi awer net zevill perséinlech soll sinn: no enger Reunioun kennt de Grupp sech besser a si kënne och méi perséinlech Saachen austauschen.

#1. Erfahrungsaustausch no de Weltjugenddeeg

Fir: Pilger vun de WJD an d'Participanten, déi sech um Programm doheem bedeelegt hunn.

September: 1. Post-WJD Sëtzung

- Kuck [D.5](#) fir de Programm (« Sëtzung 1 »).

September: 2. Post-WJD Sëtzung

- Kuck [D.5](#) fir the Programm (« Sëtzung 2 »).

#2. Froen déi mam Glawen zesammenhänken

Fir: D'Participanten vun #1. An all aner interes-séiert jong Leit

Oktober: 1. Reunioun

- Zäit fir sech besser kennenzeléieren.
- Froen asammelen ([KUCK ANHANG 2-3](#)).

Grupp: Froen organiséieren & Planning ([KUCK B.3](#))

Oktober: #TwGOD-Reunioun 1 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert eng Fro a Relatioun mat dem Glawensinhalt, e.g. [1.1](#) Schléisst den Urknall de Glawen net aus?*
- Kuck B.2 fir en eventuelle Programm vun der Reunioun.
- Fro dech selwer awéifär d'Äntwert fir dāi perséinleche Glawen wichtig ass.
- Wōi kanns du dat mat engem vun dengem Alter deelen?

November: #TwGOD-Meeting 2 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert eng Fro a Relatioun mat der Kierch, e.g. [2.1](#) Wat ass d'Kierch? Wien ass d'Kierch?*
- Wēi betrëfft dëst dāi eegene Glawen?
- Wēi géifs du dat engem aus dem Cours oder op der Aarbecht erklären?

Team: Evaluatioun & Gruppebildung

Weekend am November: Gebiet

- Huel eech Zäit fir e längere Moment vu Gebiet, z.B.:
 - Adoratioun vum HI Sakrament
 - Gott loben, gemeinsam Lidder sangen
 - Fürbitte
 - Käearzen ufänken
 - D'Mass feieren
 - d'Stonnegebiet bieten
 - etcetera.

November: #TwGOD-Meeting 3 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert eng Fro a Relatioun mam Gebiet, e.g. [3.1](#) Virwat soll ech bieten a wēi kann ech bieten?*
- Wēi betrëfft dëst meng perséinlech Relatioun mam Herrgott?
- Wēi kann ee mat aneren iwwert d'Verbonnenheet mat Herrgott schwätzen?

Dezember: #TwGOD-Meeting 4 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert eng Fro a Relatioun mam Chrëschtliche Liewen, e.g. [4.1](#) Virwat si mir

hei op der Äerd?*

- Wat bedeit dat an der Manéier wēi s du als Chrëscht liefs?
- Ass dat hëllefärich an denger Relatioun mat anere Leit?

Weekend am December: Handlung

- • Huel eech Zäit fir zesummen Leit a Nout ze hëllef. z.B.: Fro de Sozialbüro oder de Gee-schlechte aus der Por fir eng Lëscht vu Leit ze kréien, déi gewëss Saachen opgrond vun hirer Krankheet, net maache kënne, e.g.:
 - De Gaart an d'Rei bréngen
 - En Schell flécken
 - E Schuep usträichen
 - etcetera.
- Alternativ kënnt dir an enger Aarmekichen hëllef, bāi de Schwēster vun Mutter Theresa, ...

Dezember: #TwGOD-Meeting 5 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert en Fro a Relatioun mat Chrëschttag, e.g. [3.28](#) Ass Chrëschttag dat gréisste Fest oder Feiertag am Joer?*
- Virwat ass dëst Fest wichteg fir eech?
- Wēi géift dir d'Wichtigkeit vum « an d'Mass goen op Chrëschttag » erklären?

Team: Evaluatioun and Gruppebildung

Weekend am Januar: Sech amuséieren

- Chrëschttag an Neijooschdag zesumme feieren.

Januar: #TwGOD-Meeting 6 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert eng Fro a Relatioun mat der Bibel, e.g. [1.10](#) Virwat ass d'Bibel sou wichtig?*
- Wēi ass d'Bibel wichteg an dengem Liewen?
- Wēi kënnt dir déi fundamental Roll vun der Bibel aneren erklären?

Januar: #TwGOD-Meeting 7 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert en Fro a Relatioun mat der

Kierchegeschicht, e.g. [2.31](#) Virwat gouf et grausam Kräizzich?*

- Wat denks dir dovun, datt duerch d'Geschicht d'Leit Krimen am Numm vun der Kierch begaang hunn?
- Kënnt dir ëmmer nach enthousiastesch vun der Kierch mat anere schwätzen?

Februar: #TwGOD-Meeting 8 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert eng Fro a Relatioun mat ärer Verbindung zum Herrgott, e.g. [3.17](#) Virwat Pilgerreesen a Prässessiounen? Virwat eng Retraite?*
- Wēi kann eng Retraite eech hëllef. Hutt der schonns eng Retraite gemaach?
- Wat verzielt dir aneren, wann dir an eng Retraite gitt?

Weekend am Februar: Gebiet an der Retraite

- Huel eech zesummen Zäit fir eng Retraite, ee ganzen Dag oder souguer e puer Deeg. Dir kënntan e Klouschter goen, e Konvent oder eng Pilgerplaz oder just am Porsall bleiwen an e puer Gebietssëtzen an der Kierch maachen. Gutt ass et, wann dir net dee ganzen Dag gesstéiert gitt. Dat besch wär, wann e Geeschtlechen oder soss enn bereet ass fir d'Exerzitien ze bieten.

Mäerz: #TwGOD-Meeting 9 ([KUCK B.2](#))

- Schwätzt iwwert eng Fro a Verbindung mat der chrëschtlicher Ethik, e.g. [4.26](#) Wēini fänkt dat mënschlecht Liewen un?*
- Wat ass d'Relatioun mat ärem Glawen?
- Wēi kënnt dir iwwert äre chrëschtliche Moral kloer mat anere schwätzen ouni si ze verletzen?

Etcetera: Fuer op eng ähnlech Manéier mat der Sëtzung weider

* Dës Austauschsetzungen funktionéieren besser, wann déi zentral Froen am Grupp diskutéiert ginn ([KUCK B.1-B.3](#))



Fir weider Tweete mam HÄRGOTT:
www.tweetingwithgod.com
oder besicht eis op sozialen Medien

